

# SYNERGIE

*40

MÄERZ 2017

DE REGIONALMAGAZIN ATERT-WARK

RÉIDENER ENERGIEATELIER

ORT GUTTLAND

VUN DER ATERT

RÉIDENER JUGENDTREFF

BÄCKER JOS UM BROUTTOUR

LOLL'S XXL SHOES

SCHWEEBECHERBRÉCK

BABYSTEPS SËLL

HAUS CARE

OP DER SCHOCK

KLIMAPAKT

MAISON DE L'EAU

CUBE 521

OUSCHTEREN AM PRÉIZERDAUL

Syndicat Intercommunal
"De Réidener Kanton"




www.clever-fueren.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Développement durable
et des Infrastructures

# SOMMAIRE



Variet+ © Sephan Masur
CUBE 521

4 **1997-2017 20 JOER RÉIDENER ENERGIEATELIER**

10 **ORT GUTTLAND**



12 **VUN DER ATERT**

14 **RÉIDENER JUGENDTREFF**



15 **PROJET LEADER PROMENADE PHOTOS CHEZ L'HABITANT**

17 **DE BÄCKER JOS UM BROUTTOUR**

18 **41-46 LOLL'S XXL SHOES**





20 **CHEF-KACH, CHEF-CHANTIER, CHEF VUN DER SCHWEEBECHERBRÉCK**

22 **BABYSTEPS SËLL: PUPPELCHER RICHTEG VERSTOEN**


24 **HAUS CARE**



26 **D'AKTIOUN "KANNERWONSCHBAM" 2016 WOR E GROUSSE SUCCÈS**

28 **OP DER SCHOCK FRÄIZÄIT SERVICE**

30 **KLIMATEAM KANTON RÉIDEN "ECH ENGAGÉIERE MECH FIR MÉI KLIMASCHUTZ!"**





35 **FILM-OWEND DEMAIN**

36 **OPRUFF GAARDEVETERAN**



38 **AKTIVITÉITE VUM WAASSERHAUS**

40 **OUSCHTEREN AM PRÉIZERDAUL**

42 **CUBE 521**

## IMPRESSUM

**RÉDACTION, DIRECTION ARTISTIQUE, ILLUSTRATION, MISE EN PAGE & SUIVI DE PRODUCTION**
Art & Wise s.à r.l.

**EDITEUR RESPONSABLE**
Art & Wise s.à r.l.

**IMPRESSION**
Imprimerie Reka s.a.
Imprimé sur papier Cocoon Offset
100% recyclé

**RENSEIGNEMENTS & RÉSERVATIONS**
T +352 23 62 43-20 - F +352 23 62 43-29
info@artandwise.lu

© Art & Wise s.à r.l.

Tous droits réservés. Toute reproduction, ou traduction, intégrale ou partielle, est strictement interdite sans autorisation écrite au préalable de l'éditeur.

Prochaine parution: avril 2017
Clôture annonce: fin-mars 2017
Tirage: 11.155 exemplaires

Magazine régional d'information bimestriel édité par Art & Wise s.à r.l. en collaboration avec le Syndicat Intercommunal du Réidener Kanton et le Groupe d'Action Locale Leader Atert-Wark.

Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe investit dans les zones rurales.

# 1997
# 2017
# JOER RÉIDENER ENERGIEATELIER

=

**7.000 GRATIS Berodungen**

**5.300 Primmen fir spuersam Haushaltsapparater**

**300.000 € ausbezuelte Primmen**



**SAVE THE DATE 7.07.17**
**vu 19:30 Auer un**
**mega 20 Joer Party**




1997
STARTSCHOSS AKTIOUN
"KOMM SPUER MAT"

1998
OFFIZIELL GRËNNUNG
ENERGIATELIER ASBL






1999
KONVENTIOUN MAM
GEMENGESYNDICAT
DE RÉIDENER KANTON



2000
ASTELLUNG ENERGIEBERODER
MARC NEU
GROUSSE MARC GENANNT




2014
ASTELLUNG ENERGIEBERODER
MARC STAUS
KLENGE MARC GENANNT



2017
NEI ADRESS
NEIT KONZEPT

1.03.17
**Mir plënneren an de neie Büro zu Réiden an der Groussgaass op n°43**

# Rebellegen Ufank. Firwat en Energieatelier fir de Réidener Kanton?

**Back to the future...**

Den Ausléiser fir d'Entstoën vum Réidener Energieatelier war de Plang vun der deemoleger CEGEDEL, fir Mëtt de 90er duerch de Réidener Kanton nei Héichspannungsleitungen 2 mol 65kV mat Gittermasten opzeriichten. T'hätt jo och bal geklappt, ... wieren do nit déi Klatzkäpp aus dem wëlle Weste gewiescht. Eng ganz Ekipp huet sech mat Hänn, Féiss, a virun allem mat Käppche dergéint gewiert. D'Méiglechkeet fir méi Stroum ze hunn? Dat war fir sie och deemools schonn de falsche Message. Méi Stroum spueren! Dat wollten se erreechen. De **Gérard Anzia**, President vum Energieatelier erënnert sech: "Mir hunn eis d'Fro gestallt wat mir als Bierger maache kéinten fir de Bau vun der Héichspannungsleitung ze stoppen? Ma de Stroumverbrauch esou wäit ze reduzéieren, dat se iwwerflësseg géing ginn. Am Abréll 1997 ass dunn zesumme mam deemolegen Mouvement Écologique Regional Kanton Réiden, dem Claude Turmes an dem Camille Gira zu enger Energie-Spueraktioun am Réidener Kanton opgeruff ginn: den "Komm Spuer Mat!" Nit laang drop, de 14. Oktober 1998 si mer nach e Schratt méi wäit gaangen. D'asbl de Réidener Energieatelier gouf gegrënnt mam Zil des Spueraktioun an ee komplette Berodungsprogramm z'integréieren, dat fir d'Bierger aus dem Réidener Kanton a punkto Energie-Spueren mat Tricks an Tipps zur Säit ze stoen. Gratis. 20 Mataarbechter als Energiedetektiven hu sech éierenamtlech engagéiert. Dat war enorm. Enorm vill Aarbecht. Enorm vill Passioun. Enormen Zoulaf. Domat hat kee gerechent. Iwwregens ... d'Gittermasten sinn nie komm! Dofir awer de Marc Neu. Duerch d'Konventioun mam Gemengesyndikat 1999 konnte mir hien dunn als Energieberoder astellen. Dat war 2000, nodeems d'Welt jo bekanntlech niet ënnergaangen ass, an och d'Luuchten am Kanton nit ausgaange sinn (dixit Mil Calmes).

Elo kucke mer 20 Joer zréck a mir kënnen houfreg vun enger absoluter Successtory schwätzen ... Wat zanter 1997 geleescht gouf steet exemplaresch fir eng besser informéiert a sensibiliséiert Zivilgesellschaft. A wa mir eis virun 20 Joer géint de Bau vun de Maste gewiert hunn, sou baue mer haut Leitungen, déi eise Stroum aus erneierbare Quellen exportéieren. Stroum aus Biogasanlagen, Wandmillen, Waasserrieder an eng Hellewull u Photovoltaikanlagen aus dem Réidener Kanton. An dofir gëllt e grousse Merci fir des Erfollegsgeschicht, nieft deene visionäre Politiker vun deemools an haut, all deenen engagéierte Bierger, déi den Energieatelier zu deem gemaach hunn, wat en haut ass: Eng Referenz am Beräich Energieberodung. Merci un all d'Bierger aus eisen 10 Gemengen, déi dofir gesuergt hunn, deemools wéi haut, dat Natur-, an Ëmweltschutz bei eis am Kanton e Stellewäert huet. MERCI."



Istanbul 1998 (Henry Ford Conservation Award) v.l.n.r. Arno Friesing, Gérard Anzia, Marc Schmit, Paul Kauten




**= 7.000 GRATIS Berodungen!**

Bis Dato huet den Energieatelier eng Ronn 7000 Berodungen bei Privatleit, Betriber a Gemengen duerchgefouert. Dozou de Marc Neu: "Mir sinn e gratis Berodungsservice fir all d'Bierger aus dem Réidener Kanton an hunn no 20 Joer vill Erfahrunge um Niveau vun Energiefroe gesammelt. Dat Eenzegt wat beim Ale bliwwen ass: d'Passioun. Mir si mëttlerweil d'Experten vum Fach, egal op Dir nei bauen oder renovéiere wëllt. Mir hunn Informatiounen iwwert gesond a nohalteg Bau-, an Isolatiounsmaterialien, Heizungstechnik, Reewaassernotzung, Fënsteren, effizient Beliichtung, Subsiden, ... Mir organiséieren nit nëmme Visitten op Chantieren fir sech mat de Baudammen an –hären auszetauschen, mä och Do-It-Yourself Workshopen esou wéi och Opklärungscouren an de Schoulen."

**= 300.000 € ausbezuelte Primmen**

Den Energieatelier ass awer och eng Successtory um Niveau vun den Primme-Campagnen. De Paul Kauten, Sekretär gëtt Abléck an d'Chifferen: "Eis Primme-Campagnen fir den Asaz vu spuersamen Haushaltsapparaten huet definitiv eppes bewierkt hei am Kanton. Zanter 1999 goufen 5.300 Primmen ausbezuelt fir e Gesamtbetrag vu nit manner ewéi 300.000 €! Eis Bierger zéihen mat eis un engem Strang a wëssen mat der Energie richteg ëmzegoen. Am Laf vun de Joren goufen d'Kriteren fir d'Haushaltsapparaten ëmmer nees der technescher Entwécklung ugepasst. Fréier goufen d'Klasse-A-Geräter subventionnéiert, haut sinn et d'A+++ Geräter, esou wéi och héich effizient Heizungspompelen, mëttlerweil mat déi schlëmmst Stroumfruppserten am Stot.

Mat allen Efforten um Niveau vum verstännegen Ëmgang mat der Energie si mer awer nach ëmmer nit an dréchenen Dicher. Mir mussen och weiderhinn op d'Tromm schloen an ëmmer nees drun erënneren, wéi wichteg et ass nohalteg mat de natierleche Ressourcen ëmzegoen. Dofir gi mir jo och zanter 2016 an d'Schoulen fir d'Kanner ze motivéieren, op d'Natur an op eis Ëmwelt opzepassen."

**Objektiv Cycle 4.1 - Energieführerschäin**

De Marc Staus, Energieberoder am Réidener Energieatelier a jéngste Member an der Ekipp erkläert de Prinzip vum Energieführerschäin, en innovatiivt pädagogescht Konzept, wat et esou nëmmen 1mol hei am Land gëtt: "Mir besichen all d'Cyclen 4.1 aus den 10 Gemengen vum Réidener Kanton. 3 Moienter sinn ageplangt. Um Programm stinn




v.l.n.r. Marc Neu, Caroline Schmit, Marc Staus

Spiller, Aufgaben, Experimenter a Rechenübungen déi am Bezuch mat Energiefroe stinn. Um Enn ass och eng Visite um Programm. Da gi mir den Energietour op der Biekerecher Millen maachen. Mir hunn eis u Modellen aus dem Ausland inspiréiert an altersgerecht ausgeschafft. Sinn déi 3 Etappe gepackt, ginn se dann och belount mat hirem éischte Führerschäin: dem Energieführerschäin. Dee gëtt et just hei am Kanton. Dat ass eng Aarbecht, déi mir besonnesch vill Freed mécht. Si sinn d'Konsumente vu muer. A si sinn et och, déi an der Welt vu muer liewe mussen. Mir versichen net fir mam Fanger op d'Problemer ze weisen mä éischter fir se ze motivéieren no Léisungen ze sichen."

**Komm Feiert Mat !!**

**Elo sinn also 20 Joer hier. An dat musse mer all zesumme feieren. Notéiert lech dofir elo schon de 7. Juli ab 19h30. Deen Owend feiere mer zesummen wat an deene läschten 20 Joer geleescht gouf.**

**Weider Informatiounen an der nächster Synergie!**





Eisen Energieberoder Marc Neu - 2001



Visite du Grand-Duc héritier Henri - 2001



Politprominenz an Equipe Energieateliter

## Mir presentéieren: De Comité

Gérard Anzia - President
Paul Kauten - Sekretär
Gérard Zoller - Tresorier
Thierry Lagoda
Jacqueline Tramarin
Monique Baldassi
Christian Hahn

An eis Energieberoder Marc Neu a Marc Staus esou wéi och d'Klimapakt-beroderin Caroline Schmit.

Komm Spuer Mat ... fir eng Regioun voller neier Energie


**KOMM SPUER MAT!**
**VOTRE POINT D'INFORMATION ENERGIE**
**ENERGIATELIER A.S.B.L.**
43, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert

**INFOLINE GRATUITE:**
T +352 26 62 08 01
info@ksm.lu
www.ksm.lu


### 10.03.17 - 19h am Atert-Lycée
## Filmvirféierung "Demain"

Net soueren, handelen! Am Dokumentarfilm Demain (fr) gi konktret Piste gewisen, wéi d'Welt vu muer kéint ausgesinn unhand vu verschidde nohaltege Projeten, déi elo scho Friichten droen. Mir kréie virun A gehalen, wéivill Muecht mir als Bierger hunn, wa mir eis engagéieren... Uschléissend proposéiere mir eng Table Ronde mat "Local Heroes" aus dem Réidener Kanton, déi um gudde Wee sinn an lech maträissen.

Org.: Cell / Energieatelier / Klimapakt Kanton Réiden / Millen asbl / Atert-Lycée

### 17.03.17 - 16h-20h am Energieatelier
## Gratis Lehmbotz-Cours

Wat sinn d'Avantage vum Lehmbotz? Wéi bréngt een dat op d'Mauer un? Op wat muss een op-passen? Dot d'Schaffgezei un a kommt an eise neie Bureau. "Live und in Farbe!" Zappt ze-summe mat Fachleit d'Hänn an dëse gesonde Bau-stoff a léiert déi sélleg Atoute kennen.

RDV um 16h00. Dir braucht lech nit unzemellen. D'Participatioun ass gratis.

Org.: Energieatelier

### 25.03.17 - 11h zu Räichel
## Apéro chantier Reewaasseranlagen

50% manner Drénkwaasserverbrauch, 50% manner Waasserkäschten, 100 % Naturschutz!

Mir ginn eis bei engem Patt eng Reewaasser-anlag ukucken an loossen eis iwwert d'Atouten opklären. Rdv um 11h00 zu Reichlange, 5 rue de Saeul. Dir braucht lech net unzemellen. D'Participatioun ass gratis.

Org.: Energieatelier / Klimapakt Kanton Réiden / Maison de l'Eau de l'Attert asbl

### 29.03.17 - 20h an der Fabrik am Préizerdaul
## Infoversammlung Energiekooperativen

Méi rentabel wéi e Spuerbuch: d'Investitioun a gemeinschaftlech Solaranlagen. Zanter 2016 ënnerstëtzt de Stat dës sougenannten Energie-kooperativen. Wéi funktionnéiert dat? Wou kann een hei am Kanton matmaachen? Rdv um 20h00 an der Fabrik am Préizerdaul. Dir braucht lech net unzemellen. D'Participatioun ass gratis.

Org.: Energieatelier / Klimapakt Kanton Réiden

D'LEADER-REGIOUN ATERT-WARK HEESCHT SÄI NEIE MEMBER WËLLKOMM:

# ORT GUTTLAND

Mit der Gründung des regionalen Tourismusverbandes für die Region Zentrum/Westen ("Office Régional du Tourisme du Centre et de l'Ouest") im Mai 2016 wurde ein lang gehegter Wunsch der lokalen Akteure wahr. Mit der Schaffung des fünften ORTs (ORT Ardennen, ORT Müllerthal – Kleine Luxemburger Schweiz, ORT Moselregion, ORT Süden und ORT Zentrum/Westen) verfügt nun jeder Teil des Landes über eine professionelle regionale Struktur.




© Inna Ganschow



Guttland
OFFICE RÉGIONAL DU TOURISME
CENTRE / OUEST

**OFFICE RÉGIONAL DU TOURISME DU CENTRE ET DE L'OUEST**
B.P. 150
L-7502 Mersch
T 26 32 62 62
info@guttland.lu

Die ORTs vereinen die wichtigsten touristischen Akteure einer Region im Sinne einer besseren Koordinierung der Aktivitäten und einer verbesserten Professionalität. Die Mitglieder der ORTs setzen sich zusammen aus öffentlichen, privaten und assoziativen Strukturen. Die ORTs (sowie u.a. auch das LCTO – Luxembourg City Tourist Office) sind ihrerseits Mitglieder der nationalen Struktur zur Förderung des Tourismus ("Luxembourg for Tourism") und fungieren somit auch als Sprachrohr der jeweiligen Region auf nationaler Ebene.


Die aktuellen Mitglieder des ORT Zentrum/Westen sind 20 Gemeinden (Contern, Beckerich, Boevange/Attert, Ell, Kehlen, Koerich, Lorentzweiler, Mamer, Mersch, Niederanven, Préizerdaul, Redange, Saeul, Sandweiler, Schuttrange, Tuntange, Useldange, Wahl, Walferdange und Weiler-la-Tour), 3 Branchenverbände (Les Auberges de Jeunesse du Luxembourg, Camprilux und Horesca), 4 Tourismusverbände (Syndicat d'initiative de Hesperange, Syndicat d'Initiative de Mersch, d'Millen asbl und Asivema) sowie ein Privatbetrieb (Vitalux sarl).

Das Team des ORT Zentrum/Westen ist seit Herbst 2016 operationell und setzt sich zusammen aus der Geschäftsführerin Isabelle Hermes und der Tourismus-Koordinatorin Lynn Bintener.

Eine der ersten Aufgabe des ORTs war es einen geeigneten Namen für die neugegründete touristische Region zu finden, denn die Bezeichnung "Zentrum/Westen" eignet sich leider wenig um die Region touristisch zu vermarkten. Geeinigt wurde sich auf den Namen "Guttland", welcher nicht nur eine positive Konnotation hat, sondern auch in 4 Sprachen funktioniert und die Region auf einen gemeinsamen Nenner bringt. In einer zweiten Phase wurde an der visuellen Identität gearbeitet und ein Logo erschaffen basierend auf den vier charakteristischen Farben der Region; gelb für den Luxemburger Sandstein, grün für die Wälder und Natur, grau für das historische Erbe (insbesondere die zahlreichen Schlösser in der Region) und blau für die Flüsse, welche das Landschaftsbild prägen.

Im Januar hat das ORT seine erste Veröffentlichung auf der "Vakanzenfoire" präsentiert; eine Karte mit den touristischen Highlights der Region Zentrum/Westen. Die Karte ist ein erster Schritt um die Region als attraktive Touristendestination zu positionieren. Diese Karte können Sie direkt beim regionalen Tourismusverband per Mail oder per Telefon bestellen.

Seit Januar 2017 ist das ORT Zentrum/Westen auch Mitglied der lokalen Aktionsgruppe Atert-Wark.



# HAALT IECH DEN 16. MÄERZ FRÄI, WELL ...

Léif Bierger, Konsumenten & Liewensmëttelproduzenten

16.3.17
19h30
**SOLAWA INFOVERSAMMLUNG**

Am Zärenhaus
1, rue de Niederpallen
Réiden

Fir d'Infoversammlung ass eng Umeldung erwenscht.

Fir weider Informatiounen:

www.vunderatert.lu

**VUN DER ATERT S.C**
6, Jos Seylerstrooss
L-8523 Biekerech
T +352 671 23 62 43
vunderatert@gmail.com
www.vunderatert.lu

Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe investit dans les zones rurales.
Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg, Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs

D'Kooperativ Vun der Atert, d'Gemeng Biekerech a Leader Atert-Wark invitéiert Iech all ganz häerzlech op d'Optaktversammlung vum Leader-Projet **SOLAWA** (Solidaresch Landwirtschaft Atert-Wark). Solawa kuerz resuméiert: E Grupp vu Leit bezillt engem Bauer seng Joreskäschten. De Bauer produzéiert dofir fir si e Sortiment u Liewensmëttel. Esou kréien d'Leit frësch Produiten a wësse wéi des produzéiert ginn. De Bauer wees dat e seng Rekolt zu engem faire Präis ënnert d'Leit kritt. Dat ganzt ass nohalteg mat minimalen Transportweeer an ouni Offall bei der Produktioun.

D'Zil ass et fir eis Regioun esou e System mat Bierger a Produzenten opzebauen. Du intresséiers dech fir dëse Prinzip an hues eventuell Loscht d'SOLAWA mat ze organiséieren? Du bass Bauer a wéils u souengem Projet deelhuelen? Da komm laancht op eis Optaktveranstaltung, de 16. März am Zärenhaus zu Réiden!

An der Optaktversammlung gëtt de Prinzip vun der Solidarescher Landwirtschaft nach emol am Detail virgestallt, et schwätzt e Referent aus Däitschland mat am Gepäck Best Practise Beispiller, a natierlech ass et och d'Geleeënheet sech all kennenzeléieren, d'Kooperativ vun der Atert, hir Memberen, interesséiert a motivéiert Konsumenten a Produzenten. Jiddwereen ass häerzlech Wëllkomm: Baueren, Gaertner, Uebstbaueren, Metzler, Bäcker, Quereinsteiger, Genéisser, esou wéi all déi Bierger, déi motivéiert sinn eng stabil Liewensmëttelproduktioun hei an der Regioun z'erméiglechen.

Am Kader vum LEADER Atert-Wark Projet Solawa soll d'Iddi vun enger solidarescher Landwirtschaft ausgeschafft gin, déi an eis Regioun passt an och eise Virstellungen entsprécht. No der Optaktversammlung soll en Kärgrupp entstoen, deen vun der Ekologescher Landwirtschaftsberodung als Fachkompetenz begleet gëtt. D'Ekologesch Landwirtschaftsberodung, e Projet vum Oekozenter Pafendall an Zesummenaarbecht mat der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren, ass d'Koordinatiouns- an Ulafstell fir Projeten vun der solidarescher Landwirtschaft. Et steet och schonn en Ausflug um Plang fir den Kärgrupp (max. 20 Leit). De 4. an de 5. Abrëll gi folgend Projeten a Frankräich an an Däitschland besicht:

- **eng AMAP an der Lorraine (Association pour le Maintien d'une Agriculture Paysanne)**
- **Gemeng Ungersheim www.mairie-ungersheim.fr/village-en-transition**
- **Gartencoop Freiburg www.gartencoop.org**
- **RegionalwertAG Emmendingen www.regionalwert-ag.de**
- **Wurzelwerkstatt Emmendingen www.wurzelwerkstatt.com**

De Foodtruck KWANZA ass op der Plaz a proposéiert afrikanesch Spezialitéiten.

# ... MIR SICHEN DÉI BESCHT!



**ZEIDEG FIR ENG NEI ERAUSFUERDERUNG?**

MAACHT MAT BEIM AARBECHTSGRUPP
"SOLAWA - SOLIDARESCH LANDWIRTSCHAFT ATERT-WARK",
FIR ENG FRUUCHTBAR ZESUMMENAARBECHT TËSCHT
KONSUMENT & LIEWENSMËTTELPRODUZENT.

D'LEADER-REGIOUN ATERT-WARK PRÉSENTÉIERT:

# RÉIDENER JUGENDTREFF

## Qu'est-ce qu'une maison des jeunes?

Une Maison de Jeunes est un lieu d'accueil et de rencontre, de créativité, d'expression et de participation accessible aux jeunes de 12 à 26 ans. Ouverte à tous.

Elle offre la possibilité aux jeunes de dire qui ils sont, ce qu'ils vivent, ce qu'ils veulent et cela, au service d'un engagement citoyen.

Le principe fondamental d'une Maison de Jeunes repose sur la participation des jeunes à son fonctionnement de manière générale, que ce soit en ce qui concerne la programmation d'activités et la réalisation d'actions ainsi que la participation aux structures de consultation et de décision.

Les Maisons de Jeunes proposent des activités qui leur sont propres et qui varient en fonction du lieu, du public, etc. Le plus souvent, elles organisent des activités sportives, des ateliers musicaux, artistiques, des activités multimédias, des voyages et échanges,... Généralement, elles privilégient l'expression et le développement culturel.

De plus, elles s'impliquent dans la vie locale notamment via la participation à l'organisation de fêtes de quartier, le développement de petites infrastructures sportives ouvertes à tous, etc.

Les Maison de Jeunes sont également des espaces ouverts sur le monde. Dans une dimension internationale, certaines d'entre elles organisent ou collaborent à des actions qui visent le soutien au développement avec d'autres pays, la réalisation de projets qui ont pour but les échanges internationaux,...

REIDENER JUGENDTREFF

Find us on facebook

**RÉIDENER JUGENDTREFF**
**MAISON DE JEUNES DE REDANGE**
1, rue de Niederpallen I L-8506 Redange
T +352 23 62 05 09 ı F +352 23 62 09 85
martine@mjredange.lu ı maite@mjredange.lu

Heures d'ouverture:
Mardi-Vendredi: 14h00-20h00
Samedi: 13h00-19h00

Communes membres soutenant la maison de jeunes
Ell, Beckerich, Redange, Useldange et Préizerdaul

## L'équipe éducative de la Maison des jeunes de Redange se présent



**Martine Thielmanns**
Coordinatrice de la maison des jeunes
Dans l'équipe depuis avril 1999
Diplômée et agrégée en Scienes de l'Éducation Université de Liège



**Schroeder Maïté**
Éducatrice diplômée
Dans l'équipe depuis mai 2007
Bachelier en éducation spécialisée Mirwart



**Steve Watry**
Éducateur diplômé
Dans l'équipe depuis janvier 2010
Diplôme d'état d'éducateur L.T.P.E.S.

Notre équipe est renforcée par des animateurs:

**Allesandro Pianaro, Jennifer Perreira, Jerry Eisenbarth, Mireille Thion Neckel Scholtus ...**

Tous ces animateurs travaillent avec nous sur de nombreux projets!



# PROJET LEADER PROMENADE PHOTOS CHEZ L'HABITANT

Avec les beaux jours qui se profilent à l'horizon on va pouvoir remettre notre projet photos sur les rails,....

REIDENER JUGENDTREFF

Find us on facebook

**RÉIDENER JUGENDTREFF**
**MAISON DE JEUNES DE REDANGE**
1, rue de Niederpallen I L-8506 Redange
T +352 23 62 05 09 ı F +352 23 62 09 85
martine@mjredange.lu ı maite@mjredange.lu

Heures d'ouverture:
Mardi-Vendredi: 14h00-20h00
Samedi: 13h00-19h00

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs

Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe investit dans les zones rurales.

Ce projet vise à exposer en septembre les réalisations des jeunes (et moins jeunes) sur le thème de la ruralité.

Nous désirons faire découvrir au grand public la ruralité à travers le regard des jeunes.

**Des ateliers auront lieu: les vendredis 3 et 24 mars de 15-18h au Réidener Jugendtreff.**

Tous les jeunes intéressés sont les bienvenus,... chacun peut venir avec son appareil ou son mobile pour prendre des clichés.... Nous mettrons aussi à disposition différents appareils photos.

Dans le cadre de ce projet l'artiste photographe Annick "Neckel" Scholtus réalisera également une série de "portraits" dans la région sur le thème de la ruralité.

Que veut dire le terme "ruralité" pour les gens de la terre....Si vous êtes sensible au sujet/projet, merci de contacter Neckel Scholtus *(info@neckelscholtus.com)* afin d'être pris en photo ou partager des photos d'archives sur le sujet.

Les clichés réalisés par les jeunes feront l'objet d'un concours. La meilleure photo sera primée lors de l'exposition finale.

L'exposition aura lieu les **30 septembre et 1er octobre** à Redange. Le parcours chez l'itinéraire vous sera communiqué dans les semaines à venir.

Nous nous associons également aux producteurs de produits régionaux qui seront présents lors du parcours afin de vous faire découvrir des spécialités locales,...

# ARTOUR
## culture et ruralité

**Echange de Jeunes Européens**

Pays participants:
la France, la Finlande,
l'Allemagne et le Luxembourg




Contact: RÉIDENER JUGENDTREFF
Rue de Niederpallen
L - 8510 REDANGE

Tél: 23620509




BËSCHDREF
BIEKERECH
BROUCH
ELL
ESCHENT
FOLSCHT
GRÉIWEKNAPP
GROUSSBUS
HUESCHTERT
HUEWEL
IELWEN
KAALMES
KAPWEILER
KLENG ELCHERT
LÉIWEL
NÄERDEN
NIDDERKOLPECH
NIDDERPALLEN
PRÉIZERDAUL
RÄICHEL
RIPPWEILER
SCHWEEBECH
SCHWEECH
SËLL
UEWERPALLEN
WAHL



KËNNT NIT AN D'TUT!

# DE BÄCKER JOS UM BROUTTOUR

## MAT ENGER PRAKTESCHER ÉPICERIE OP RIEDER

De Bäcker Jos huet 2 nei Chauffeure bäikritt: De Guy an de Claude! Mat hire fonkelneien Epicerien op Rieder ginn si op de gewinnten Tuer.

All déi gutt Saache kommen nit an d'Tut wann Dir nit erauskommt wann et tut.

**Nei um Tuer:** Bëschrued, Brattert an d'Gemeng Wahl

No der Fuesvakanz kënnt bäi: Kéiber, Heeschpelt, Randschelt a Gréiwels.

Beim Bäcker Jos
Boulangerie · Pâtisserie

**BIEKERECH**
37, Huewelerstrooss
L-8521 Biekerech
T 23 62 14 79
Ëffnungszäiten
Dënschdes-Freides 6h-12h & 14h-18h
Samschdes 6h-14h
Sonndes a Méindes gëtt gerascht

**SËLL**
14a, Haaptstrooss
L-7470 Sëll
T 26 62 24 44
Ëffnungszäiten
Dënschdes-Freides 6h-18h30
Samschdes 7h-14h
Sonndes a Méindes gëtt gerascht

# 41-46 LOLL'S XXL SHOES

Portrait vum Laurence Kohl-Reding vun Hueschtert. Endlech ass et esouwäit. Dem Laurence, och genannt Loll säi groussen Dram geet no 20 Joer endlech an Erfëllung! Daaschdes no der Fuesvakanz ginn d'Dieren zu Hueschtert op vum "Loll's XXL Shoes":

*"Ech sinn total opgereegt dat dëst elo wierklech geschitt!"* Awer d'Loll weess wat et mécht, well seng Iddi huet Kapp a Fouss: *"Frustthema n°1 a menger Jugendzäit wor et fir Schong ze fannen. Mat enger Kierpergréisst vun 1m85 a 44/45 an de Schong kënnt Dir Iech jo virstellen, dat dat nit einfach wor eppes méi Extras oder Weibleches ze fannen. Deemno wor meng Iddi séier gebuer: wa mol eng Kéier selbstänneg, da mat engem Schongbuttek fir Iwwergréissten!"*

Dat Thema an déi dermat verbonne Problemer begleeden een e Liewe laang, dozou d'Loll: *"Aus dem Gronn hunn ech elo endlech de Schratt gewot an hoffen mat Loll's XXL Shoes d'Situatioun fir vill betraffe Fraen ze verbesseren. Meng Motivatioun ass et fir schéin, moudesch a feminin Schong ze proposéieren, fir all Alter an och Porte-Monnaie, an dat vun 41 bis 46! Och verschidde Breeten hunn ech am Sortiment. Schonn eleng de Gedanken dat een d'Wiel kann hunn, an keen Kompromiss méi muss agoen, mécht mech frou an och houfreg."*

Loll's XXL Shoes soll begeeschteren an alles ubidden: vun elegant bis sportlech, vun trendy bis bequem. Schaler a Poschen dierfen natierlech nit fehlen. *"A sollt eppes Spezielles gesicht ginn, fanne mir dat zesummen. De perséinleche Kontakt an d'Berodung vun engem "Gläichgesënnten" ass mir immens wichteg."*

Déi éischt Schrëtt op Facebook wore villverspriechend. D'Ëmbauaarbechten an der Garage sinn ofgeschloss. Elo kann et lass goen. Angscht? *"Jo, a froe nit wéi, mee ech denken awer dat daat normal ass. Mee trei no mengem Motto: Alles kéint zur richteger Zäit an alles gëtt gudd! Dowéinst hoffen ech, datt vill grouss Féiss de Wee op Hueschtert fannen, fir datt Loll's XXL Shoes och en XXL Erfolleg gët."*

**LOLL'S XXL SHOES**
1A, rue de Folschette
L-8537 Hostert
T +352 621 61 25 94
www.lollsxxlshoes.lu

Ëffnungszäiten:
Dënschdes 14h00-18h00
Freides 10h00-12h00 & 14h00-20h00
Samschdes 10h00-16h00
RDV ass och méiglech déi aner Deeg oder ausserhalb vun den Ëffnungszäiten.




WO EIN
WILLE IST,
IST AUCH
EIN
Schuhgeschäft.

# CHEF-KACH, CHEF-CHANTIER, CHEF VUN DER SCHWEEBECHERBRÉCK

Portrait vum Patrick Kops, Chef-Kach aus Leidenschaft. 12 Joer vu sengem Liewen huet hie mat Passioun an d'Lëtzebuerger Nationalekipp gestach an huet de Grand-Duché kulinaresch éierbar vertrueden. Ee Joer dervu war hien esouguer Teamchef, dat mat vollem Asaz.

**GEWANNT 1 BONG AM WÄERT VUN 100 €**

Loost lech emol an der Schweebecherbréck richteg verwinnen:

schéckt eng Email op **kops@pt.lu** a gewannt mat e wéineg Chance 1 vu 5 Bongen am Wäert vun 100 €!

Schweebecherbréck
Restaurant - Brasserie

**SCHWEEBECHERBRÉCK**
L-8561 Pont de Schwebach
T +352 26 61 07 08
www.schweebech.lu

Éffnungszäiten:
Meindes - Samsdes 11h-14h30 & 18h-22h30
Sonndes 11h-16h

T'ass e Mann, dee nitt laang roueg setze bleift, en ass ëmmer a Bewegung, de Kapp voller Iddien. A wann alles sou rullt wéi hien sech dat virstellt, geet et virun, eng nei Erausfuerderung gëtt ugeholl. Sou goung et och 2011. Säin Hotel-Restaurant Val Fleuri zu Miersch war éischter erfolleg-räich um Rulle wéi geplangt. Wat also Neies unhuelen? *"Kachen ass mäi Liewen. Ganz kloer. Mä ech sinn awer och begeeschtert vum Handwierk. Ech bricoléiere gären a maachen dat Meescht ëmmer selwer. Am Ufank duecht ech eventuell aus Spaass en Haus ze kafen an an d'Rei ze setzen. Mä du koum alles anescht!"* Um Internet ass de Patrick op eng Annonce gestouss: "D'Schweebecherbréck ze verkafen". T'war Léift op den éischte Bléck. Esou ass emol e Joer dru geschafft ginn, fir dëse Bijou nees an d'Réi ze kréien. 2012 goungen d'Dieren vun dësem Haus mat grousser Renommee an der Regioun nees op: "T'war alles anescht ewéi einfach fir richteg unzekommen. Bis dat mir mol eng gutt Ekipp vu lëtzebuerger Personal zesummen haten, dat huet gedauert… t'war nitt einfach. T'war nitt ëmmer flott, weder fir eis nach fir d'Clienten." Elo huet sech d'Ekipp fonnt. De Patrick ass selwer ëmmer Mëttes do an hie kritt kräfteg Ënnerstëtzung vum Alain. Déi 2 sinn en agespillt Team.

Um éischte Stack waren Zëmmeren, déi eidel waren: "Dat éischt Joer hu mir Refugiéen ënnerbruecht. Duerno ass alles prett gemaacht gi fir d'Touriste kënnen z'empfänken. Mir hunn elo 9 Hotelszëmmeren, an déi si mat allem drëm an drun ekipéiert: Tëlee, Dusch, Internet,…". A selbstverständlech huet de Patrick de Gros selwer gemaacht an ass och ganz houfreg op d'Resultat.

D'Traditioun aus dem Haus Schweebecherbréck gëtt viruge-fouert. Proposéiert gi lëtzebuergesch Platen, eng gutt bier-gerlech Kiche mat frësche Wueren, saisonal an gréisstendeels aus der Regioun. *"Ech hunn en Terrain vu ronn engem Hektar hei ronderëm. Do hu mir eisen eegene Gaart mat Geméis a Kraider an e Bongert ugeluecht, alles bio. Dat ass mir wichteg. Mir schaffen och mam Label "Sou schmaacht Lëtzebuerg", do sinn ech och ganz houfreg drop. Nieft der Spillplaz mat engem riesegen Trampolin dobaussen hu mir dunn och nach eng grouss Terrass gebaut fir am Summer vun der eemoleger Vue ze profitéieren. Am Ufank war awer d'Hott e grousse Problem. Dat muss ech éierlech zouginn. D'Leit kruten den Damp mat. Mä och dat ass elo endlech behuewen. D'Hott geet no uewen an d'Clienten kënnen elo hei lessen ewéi Gott a … am Réidener Kanton."* De Restaurant huet eng Kapassitéit vu 50 Couverten an eegent sech fir all Méiglech Feierlechkeeten. Mir ginn erop op den éischte Stack: *"Hei ass nach e Raum, déi mir oft vu Famillje gefrot kréien, déi a Rou mat hire Kanner iesse wëllen, ouni déi aner ze stéieren. T'ginn awer och mol Konferenzen hei ofgehalen. Nach emol zréck bei eis kleng Gäscht. Ech freeë mech besonnesch op e neit Sprangschlass, wat ech elo haut bestallt hunn a wat elo pénktlech fir d'Fréijoer misst ukommen."* A sollt et mol eng fatzeg Hänkeg ginn, kann een och en Hotelszëmmer buchen. U Parkplazen fehlt et iwwregens och nitt an déi sinn direkt virun der Dir.

**E weidere Service vun der Schweebecherbréck:**

**Traiteur Service a Repas** sur **Roues**, sollt ee mol keng Loscht hunn selwer ze kachen. Sollt een eemol dervu profitéiere wëllen, muss een den Dag virdru bestellen (9h30-11h30).

De Menü steet um Internetsite.

T 691 328 975


Euro

# BABYSTEPS SËLL: PUPPELCHER RICHTEG VERSTOEN

Portrait vum Stéphanie Hallé-Fabbri vu Sëll.




Mir sinn op Besuch beim Stéphanie. Hatt wunnt mat sengem Mann a den 2 klenge Bouwen zu Sëll praktesch vis-à-vis vun der Maison Relais. Freides a Samschdes gesäit een hei Eltere mat hire Puppelcher an an ausgoen, dat aus guddem Grond: D'Stéphanie gëtt "BabySteps" Couren vun "Einfach Eltern", deen zu Hamburg gegrënnt ginn ass. Et ass en ganzheetlechen an bindungsorientéierte Cours fir Bëbeeën tescht 0-1 Joer.

Zanter 2008 schafft d'Stéphanie an der Waldorfschoul an niewebäi gëtt hatt zanter 2016 BabySteps Couren. Wéi hatt op d'Erzéiungsmethod "Einfach Eltern" gestouss ass, war hatt direkt iwwerzeegt an huet sech bei hinnen zu Hamburg weider ausbilde gelooss: "Ech weess, wéi ustrengend et ka sinn Puppelcher ze verstoen an op se anzegoen. Obwuel een als Mamm an als Papp e natierlecht Bauchgefill huet, fält een awer gären op déi al Ammemärercher eran. A genee do hëllefen ech Vertrauen op d'Bauchgefill nees hierzestellen an Saachen ze hannerfroen." D'Lëscht vun de sougenannten Tipps vun den eegenen Elteren, Bomien, Frënn a Bekannten ass gäre laang a kennt Iech bestëmmt bekannt fir:

- **Looss d'Kand dach mol blären a géi net direkt drop an**
- **Winn et net ze vill an dengem Bett ze schlofen**
- **Dat Kand wéckelt dech komplett em de Fanger**
- **Droen ass schlecht fir de Réck an du verwinns et ze vill domatt**
- **Stëllst du d'Kand nach ëmmer?**
- **...**

D'Stéphanie ass awer do ganz anerer Meenung an iwwerzeegt Iech d'Liewe mam Puppelche wesentlech ze vereinfachen:

*"Ech bidden am ganzen 8 Couren (1 Cours/90 Min) un, 1x d'Woch, fir maximum 4 Mammen/Pappen mat hirem Puppelchen.*

*De Grupp gëtt kleng gehalen, well ech méi intensiv op d'Bedürfnisser vun de Bëbeeën an den Elteren agoë kann. Ech hunn och d'Gefill, dass d'Elteren sech méi trauen eppes vun sech ze erzielen, wann de Grupp méi kleng ass."*

D'Couren baséieren um aktuellste Stand vun der Gehir- a Bindungsfuerschung. Zesummen gëtt sech ausgetosch iwwert geliefften Erfahrungen an et geet een op Themen an ewéi **Bindung, Stëllen, Droen, Schlofen, Baby Led Waenig (Fingerfood)** a **Kommunikatioun**. Wichteg ass och den "Kinästhetic Infant Handling", do léieren d'Elteren, wéi een de Bëbee richteg ophieft, dréit, wéckelt, an wéi een en an senger motorescher Entwécklung begleede kann. An enger roueger a gemittlecher Atmosphär kréien d'Bëbeeën paralell Aktivitéiten ugebueden, déi d'Sënner ureegen a ganz vill Spaass maachen. Massage ginn och ugebueden a nach villes méi.

"Ech leeën immens vill Wäert op d'Sangen, d'Beréierungs-, Schouss-, a Fangerspiller. Dat ass eppes wat vill Elteren net méi kennen a praktizéieren. An dach ass et sou wichteg. D'Kanner reagéieren direkt drop a berouegen sech immens séier. "

Den Ament si BabySteps Couren Freides a Samschdes virgesinn. D'Stéphanie baut awer nach aus a proposéiert nach 1-2 Coure während der Woch, esou wéi och Workshops fir zukünfteg Elteren. Vun Juni-Juli un kommen nei Family Steps Couren (1-3 Joer) derbäi. Wann Dir interesséiert sidd, mellt Iech. Et wäert Iech an dem Puppelche sécher gefalen, well et aus wäitaus méi wéi just en einfache Bëbee-Cours.

BabySteps
Kleine Menschen – Große Schritte

**STEPHANIE HALLÉ-FABBRI**
7, um Sand
L-7471 Sëll
GSM 621727465
Stephanie.Fabbri@einfach-eltern.com

Dir fannt mech och op Facebook:
ste.babysteps



# VERLOUNT ÄER IMMOBILIEN UN DE RÉIDENER KANTON SÄIN NEIE SERVICE HAUS CARE!





Garantéierte Loyer

Laangfristege Kontrakt

50% Steiererliichterung

Gratis Entretien & Gestioun

Attraktiv Virfinanzéierung fir Renovatiounsaarbechten

**HAUS CARE**
Maison Worré
11, Grand-Rue
L-8510 Réiden
T 621 887 941
monique.mahowald@reidener-kanton.lu

Léif Proprietairen aus dem Réidener Kanton,

De Gemengesyndikat huet viru kuerzem d'Madame Monique Mahowald (Immobilienagentin) fir de neie Service Haus CaRe engagéiert, fir an sengem Numm mat Iech Kontakt opzehuelen. Mir sinn op der Sich no Logementer, déi mir un eis Bierger weiderverloune kënnen. Dir kennt d'Situatioun um Wunnengsmaart. Vill Familljen, Jonker a Seniore kënnen sech d'Loyeren net méi leeschten.



## Haus Care: Win Win Situatioun

Ënnert de Proprietairen ass gewosst: Et ass net evident déi richteg Leit ze fannen! Dat Ganzt ass mat vill Mënschekenntnis, Opwand a Suerge verbonnen. Mir sinn eis däers bewosst an hunn deemno no Solutioune gesicht, déi allen zegutt-, an lech entgéint kommen. Gitt Dir e Logement un Haus CaRe virun, si Dir eng Rëtsch Suerge lass an Dir profitéiert vu sëllechen Avantagen, déi net vun der Hand ze weise sinn.

## De Gemengesyndikat als Bierg

- Mir garantéieren, dat Dir net nëmmen de Loyer all Mount pünktlech bezuelt kritt, mä och e laangfristege Locatioun's Kontrakt.
- Mir kucke no ären Haiser, Appartementer oder Studioen. Kleng Reparature gi vun eis iwwerholl. Deemno bleift äre Besetz an engem garantéiert propperen Zoustand.
- E Locatioun's Kontrakt mat Haus CaRe erméiglecht lech eng steierlech Bonifikatioun vum Loyer vu 50%. (loi modifiée du 25 février 1979 mémorial A - no. 274 du 27 décembre 2016, art.115 §13)
- Mir proposéieren lech eng attraktiv Virfinanzéierung vun eventuelle Renovatiounsaarbechten, sollt Dir a Besëtz vun engem Bien sinn, dee net op der Héicht ass fir ze verlounen.
- D'Locatairen, déi an är Wunnenge kommen, gi vum Office Sociale OsCaRe suivéiert a begleet.

**Informéiert lech bei Haus Care**

Dir hutt bestëmmt nach Froen, Bedenken, Iddien? Rufft un. D'Madame Mahowald ass ären Uspriechpartner. Haus CaRe ass op vu Méindes bis Freides vun 9 bis 13.00 Auer.

Am Numm vun de Gemenge Biekerech, Ell, Groussbus, Préizerdaul, Rammerich, Réiden, Säll, Useldeng, Viichten a Wahl soe mir lech elo scho villmools Merci fir äert Engagement.



# MERCI

## D'Aktioun "Kannerwonschbam" 2016 wor e grousse Succès.

Zesumme mam Office Social vum Réidener Kanton an dem Syndikat vun de Gemengen vum Réidener Kanton hat de Club Soroptimist Mosaïk d'Solidaritéitsaktioun "Kannerwonschbam" gestart, dat virun de Feierdeeg d'läscht Joer.

All Kand huet e Chrëschtdagkaddo zegutt!

Sënn an Zweck vun dëser Solidaritéitsaktioun war et, dass all Kand vun 0-12 Joer aus méi sozial schwaache Familljen aus dem Réidener Kanton sech e Kaddo kënnt wënsche fir Chrëschtdag. Sie hunn duerfir hire Wonsch op e Stär gepecht oder geschriwwen. D'Aktioun huet sech gelount! Net manner wéi 120 Stäre koumen zesummen a goufen an eisen 10 Gemengen op d'Chrëschtbeemercher opgehaangen.

Dir sidd immens!
Villmools Merci.

Grousshäerzegkeet vun eise Bierger war immens, an esou si ganz séier d'Stären gepléckt an vun Iech erfëllt ginn. Zousätzlech sinn och nach eng ganz Partie Donen erakomm, an domatter konnt dann och wierklech ALL Kannerwonsch erfëllt ginn. Dofir nach eng Kéier e ganz grousse MERCI geet un all Leit, déi et méiglech gemaach hunn, dass des Kannerwënsch wouer gi sinn.

D'An hu geliicht!

Dir kënnt Iech natierlech virstellen, dat d'Freed immens grouss wor, wéi d'Kanner hire Stäer mam Päckelchen ënnert dem Beemchen am Worréshaus konnte siche kommen. D'An hu geliicht, d'Fred wor immens grouss an eng Saach ass ganz sécher: Dat maache mir nach eng Kéier!

**Kannerwonschbam 2017!**

Den Office Social vum Réidener Kanton, de Syndikat vun de Gemengen vum Réidener Kanton an de Club Soroptimist Mosaïk wäerten des Aktioun och dest Joer nees fir d'Feierdeg organiséieren, a wënschen sech, dat nees genee esou vill Bierger wäerte matmaachen.

Office Social Canton de Redange

Syndicat Intercommunal "De Réidener Kanton"



# Freizeit pur, Genuss total
# Le plaisir à l'état pur

## TARIFS 2017 SAUNA

| | Adulte | Tarif réduit Adulte | Enfant / Etudiant / 60+ / Handicap. | Tarif réduit Enfant / Etudiant / 60+ / Handicap. |
|---|---|---|---|---|
| 2 h | 10 € | 9 € | 8 € | 7 € |
| 4 h + | 18 € | 16 € | 12 € | 11 € |
| Late arrival (après 19h) | 14 € | 12 € | 9 € | 8 € |
| Abo 10 x 4 h + | 162 € | 144 € | 108 € | 99 € |
| Abo 1 mois 4 h + | 85 € | 75 € | 68 € | 62 € |

28, rue de la Piscine • L-8502 Redange/Attert • T +352 23 62 00 32-1 • info@reidener-schwemm.lu

reidener-schwemm.lu

# OP DER SCHOCK FRÄIZÄIT SERVICE





Op der Schock

OP DER SCHOCK ASBL ET SC
34a, Route de Reichlange I L-8508 Redange
T +352 26 62 93-1 I info@ods.lu
www.ods.lu I facebook.com/opderschock

like us on facebook

Zesumme gi mir méi wäit

Op der Schock zu Réiden huet sech schonns an de 70' Joren d'Missioun gi fir Mënsche mat enger geeschteger Behënnerung z'ënnerstëtzen. An deem Kader bitt d'Organisatioun eng Réi Servicer un, déi dëse Mënschen et sollen erlabe ganz um Liewen deel ze huelen: enger geregelter Aarbecht no ze ginn, di sozial Kompetenzen ze erweideren, Frëndschaften ze schléissen, oder esou autonom wéi méiglech ze wunnen. Konkret gëtt dëst duerch puer Strukturen ëmgesat: engem Atelier Protégé an enger Formatiounsstruktur mat Sëtz zu Réiden; enger Wunnstruktur déi 2016 zu Mäerzeg opgaangen ass; engem Service d'Activité de Jours zu Näerden; an engem Fräizäit Service deen och zu Näerden baséiert ass.

An dëser Editioun wëlle mir iech dee Service virstelle wou Spaass hunn ganz grouss geschriwwe gëtt: de Fräizäit Service. Dëse Service, wou eng 32 Léit ageschriwwe sinn, gëtt et schonns säit 2006, also knapp 10 Joer. Et ginn 3 grouss Kategorie vun Aktivitéiten ugebueden: Kolonien, Weekendaktivitéiten an Aktivitéiten am Alldag an der Woch no 16 Auer.

D'Alldagsaktivitéiten sinn eng gutt Geleeënheet engem Hobby no ze goen. An engem internen Programm, den Flizzi, ginn all Mount di divers Aktivitéite virgestallt. D'Participatioun ass natierlech fräiwëlleg (woubäi di



meeschte Léit sech net laang mussen iwwerzeege loosse fir mat ze maachen!). Esou gi mol sportlech Aktivitéite wéi Turnen oder Schwammen ugebueden; di Kreativ kommen och net ze kuerz mat Fotoscouren, oder Musik- a Bitzatelieren; a fir déi di gäre rätsele gi mol Quiz oder Gesellschaftsspiller ugebueden. Vill vun eis wësse wéi gutt Déieren eis kënnen doen, an dofir ginn mir seit 2016 op "Bricher Haff" an reegelmässeg kréien mir Besuch vun den Assistenzhënn vun "ASA asbl".

De Weekend kënnen da mol gréisser Sortien ugebuede ginn. Eng Visite vun der Duchfabrik zu Esch-Sauer war gutt besicht, ausser deem ass et ganz edukativ gi mat enger Visite vum Musée Tudor, der SEBES, an der Rosportfabrik. De Spaass duerf natierlech awer och net fehlen a Concerte kommen ëmmer gutt un. 2016 war et um Tour vum Nena, dem Andreas Bourani, den Haderlumpen an dem Fausti. Et ass gutt gesongen a gedanzt ginn!

D'Dänzer kommen bei den Discobesiich, organiséiert vun "discotisme", een Event speziell fir jonk Mënsche mat spezifesche Besoinen op hir Käschten. Heiansdo gëtt awer och mol einfach gekacht a gutt zesumme giess!


D'Kolonien sinn eng gutt Méiglechkeet, aner Länner a Kulturen kennenzeléieren an vum Alldag ofzeschalten. Et stoungen 3 Destinatiounen 2016 um Programm: Holland un der Küst, Südfrankräich an de Schwarzwald. Intensiv an der Virbereedung an der Begleedung, a wou d'Roll vu Benevollen net onbedéitend ass, sinn dës Vakanzen awer extrem wichteg. Vill Virfreed, vill flott nei Erfahrungen an Erënnerunge sinn duerch Vakanze méiglech.



KLIMAPAKT KAMPAGNE AM RÉIDENER KANTON

# ECH ENGAGÉIERE MECH FIR MÉI KLIMASCHUTZ!

No enger klenger Ënnerbriechung wore mir nees op der Sich no Klimaschützer. Dës Kéier an der Useldenger Gemeng.



## GÉRARD ANZIA VUN USELDENG

*De Gérard ass Schäffen zu Useldeng an Deputéierten an der Chamber*

## MÄIN ASAZ FIR ENG MÉI NOHALTEG GESELLSCHAFT

*De Gérard engagéiert sech schonn zënter Joerzéngte fir eng méi nohalteg an ekologesch Gesellschaft an eisem Kanton. Hien huet a ganz villen Energie-Projete matgewierkt. Och doheem ass Nohaltegkeet ugesot.*

***Wat ass fir Dech nohalteg?***

Fir mech ass nohalteg ee Liewensstil ze féieren, deen och an 20 Joer nach Bestand huet. Nohalteg ass, wa mir Saachen ëmsetzen oder bauen, déi eis Kanner sou kennen iwwerhuelen. Et bedeit och eis regional sou opzestellen, dass mir eisen Awunner villes kënne bidden: et soll "authentesch" also aus der Regioun sinn, mat méiglechst engem positiven Impakt op eis Ëmwelt an et soll den zukünftege Generatiounen och nach eppes bréngen.

***Wat ass alles nohalteg bei Iech doheem?***

Eist Haus ass vun 1908, mir sinn di 3. resp. 4. Generatioun, déi hei dra wunnt. Bei den Ëmännerungen hu mer versicht, sou vill wéi méiglech Struktur-Elementer ze erhalen. Mir produzéiere Stroum iwwert eis Photovoltaik-Anlag a fir d'Haus ze hëtzen hu mir ee Pellet-Scheitholz Kombikessel mat enger thermescher Solaranlag, déi nieft der Waarmwaasser-Produktioun och nach eis Heizung ënnerstëtzt. Eis Fassade, Keller an eisen Daach hu mer isoléiere gelooss. Bannen hu mer vill mat geuelegtem Holz geschafft an op ville Wänn ass ee Lehmbotz drop, wéinst dem gesonde Raumklima.

Säit 1,5 Joer hunn ech een Elektro-Auto. Am Ufank hunn ech misste léiere fir mech un déi reduzéiert Reechwäit unzepassen. Da muss en seng Mobilitéit mol erëm a Fro stellen. Elo wéilt ech e nit méi hirginn. Mee am meeschte Liewensqualitéit hunn ech awer nach ëmmer, wann ech all Woch mäin "eegene" Chauffer hunn: deen am Bus fir an d'Stad!

Säit 20 Joer bestelle mir och ee Bio-Kuerf mat Uebst, Geméis a soss Liewensmëttel. Beim Fleesch leeë mir grousse Wäert drop, dass et bio a wa méiglech aus der Regioun ass.

***Wat war den Ausléiser fir Däin Engagement fir eng méi nohalteg Gesellschaft?***

No mengem Studium sinn ech duerch mäi gudde Frënd, de Paul Kauten, an d'Section locale vum Mouvement Ecologique erakomm. Wéi deemools an de 1990er Joren eng nei Héichspannungsleitung am Kanton Réiden sollt gebaut ginn, wollte mir beweisen, dass mir duerch zousätzlech Stroum-Aspuerungen dës net wäerte brauchen: d'Stroum-Spuercampagne wor gebuer a mat hier den EnergieAtelier. No a no sinn d'Kooperative fir PV-Anlagen, d'Wandkraaft-Anlagen zu Rammerech, d'Waasserrieder zu Béiwen an zu Useldeng derbäi komm. Wat mech och immens gefreet huet, ass dass ech déi eemoleg Chance als Enseignant hat, d'Formatioun zum Energietechniker am Atert-Lycée zu Réiden konnt mat entwéckelen an ëmzesetzen.

***3 Wënsch....***

Ech hoffen,

1. dass d'Leit geschwënn zur Asiicht kommen, dass een an der Mobilitéit net just op den Auto muss setzen, mee dass den ëffentleche Verkéier méi Liewensqualitéit mat sech bréngt an dass ze Fouss goen eisem Kierper bestëmmt och gutt deet.
2. dass mer Landwirtschaft a Naturschutz zesumme bréngen, well ouni d'Bauere kënne mir keen Naturschutz maachen, hei muss eng éierlech a solidaresch Kooperatioun entstoen.
3. An zum Schluss wënschen ech mir, dass eis lokal a regional Ressourcen, wéi eis Natur, eise Patrimoine, eis Liewensqualitéit rëm richteg gewäertschätzt ginn.



## MARCEL KAUTHEN VUN USELDENG

*De Marcel huet zënter 1989 säin Usträicher Atelier zu Useldeng.*

## FIRWAT NET MAT NATIERLECHEN A GESONDE MATERIALIE BAUEN A SANÉIEREN?

*Iwwer d'Joren huet den Marcel sech op ekologesch Produkter spezialiséiert. Hien ass net nëmmen am Kanton eng Referenz, mee ass souguer zu Bech an Zolwer bekannt fir seng Qualitéitsaarbecht mat natierleche Materialien.*

***Dir schafft haaptsächlech mat ekologesche Produiten.***

Jo, mir verschaffe vill Lehm, Kallek a Mineralfaarwen an isoléiere mat Holzfaser- a Kalziumsilikatplacken.

***Wat sinn d'Virdeeler fir eis Gesondheet vun dëse Produiten?***

Wann een all Dag wéi mir mat eppes schafft oder dra wunnt, ass et natierlech besser wann dat keng chemesch "Keule" ass, also keng gesondheetsschiedlech Léisungsmëttel, Weichmacher oder Fungiziden enthält.

Kallek zum Beispill ass vu Natur aus alkalesch, do huet Schimmel keng Chance! Et geet also och komplett ouni Chimie! Di klassesch Faarwe verursaachen zousätzlech nach Problemer am Grondwaasser, wann se vun der Fassade ofgewäsch ginn.

***Kallek a Lehm kënnen och Fiichtegkeet a Geroch ophuelen.***

Ganz richteg, eng weider Eegenschaft vum Lehm a Kallek ass hir Kapassitéit d'Fiichtegkeet ze reguléieren. Bei enger Cliente hu mir d'Buedzëmmer mat Kallek verbotzt. Iert mir bei hir passéiert woren, ass ëmmer d'Ventilatioun eng Éiwegkeet gelaf wann hiren Enkel Stonnen an der Buedbidde loung. No eisem Kallekbotz leeft se guer net méi! Et ass wierklech impressionnant, wéi séier des Materialien d'Fiichtegkeet kënnen ophuelen.

A se huelen och d'Gerécher op: d'Raclette vum Owend virdru richt ee mat engem Lehmbotz sécher net méi den Dag duerno!

***Dir schafft och vill mat ekologeschen Dämmstoffer.***

Mir schaffe vill ma Holzfaser- a Kalziumsilikatplacken, wou herno ee Lehm- oder Kallekbotz drop kennt. Dës Materialie kënnen d'Fiichtegkeet ophuelen an ofginn a fonctionnéiere weider wéi d'Mauerwierk.

Bei enger Isolatioun mat Styropor a Gipseplakken, déi näischt kënnen ophuelen, sëtzt sech d'Fiichtegkeet tëscht d'Mauer an de Styropor. Dëst ass déidlech an de Schimmel ass iergendwann garantéiert.

***Äre Rot un d'Lieser déi wëlle renovéieren oder nei bauen!***

Och wann d'Bauen zu Lëtzebuerg immens deier ass, fannen ech, dass ee net soll bei der Finitioun spueren. Di synthetesch Materialie wéi Gips a Styropor si sécher méi bëlleg wéi Holzfaser a Lehm, mee de Gewënn u Komfort a de Méiwäert fir eis Gesondheet sinn net ze topen! All d'Leit, déi doheem Kallek oder Lehm hunn, wëllen näischt anescht méi.

Mäin Tipp beim Neibau: Wann Dir een Öko-Haus kaaft, informéiert Iech mat wat geschafft gëtt, well leider ass net ëmmer alles "öko" wou "öko" dropsteet!

A fir déi, déi renovéieren: Wann Dir wëllt Lehmbotz testen, da fänkt mat der Schlofkummer un! Dëst ass schliisslech dee Raum, wou Dir am meeschten Zäit verbréngt.

Mee och am ëffentleche Beräich, kann ee sech z.B. a Schoule virstelle mat Lehm oder Kallek ze schaffen, well et hei oft um richtege Léften hapert.



## ISABEL AN DE CARLO KNELL-DIEDERICH VUN USELDENG

*D'Isabel an de Carlo si Member am Useldenger Klimateam*

## EE RECYCLÉIERBART HAUS AUS MASSIVHOLZ MAT ERNEIERBAREN ENERGIEN

*D'Famill Knell-Diederich huet grousse Wäert op Gesondheet a Nohaltegkeet beim Bau vun hirem neien Haus geluecht. Hiert Massivholz-Haus ass mat ekologesche Materialien top isoléiert a gëtt just mat erneierbaren Energien gehëtzt.*

***Zielt eis iwwer äert ekologescht Haus, dat och di gréng Hausnummer huet?***

Eist Haus ass am Massivholz gebaut, mat Holzfaser isoléiert a mat Lehm verbotzt, also komplett aus natierleche Materialien, déi all herno kënne recycléiert ginn. Well mir awer keng mechanesch Léftungsanlag mat Wärme-Reckgewënnung wollten, ass eist Haus kee Passivhaus, obwuel et soss all Kriterien erfëllt. Mir wollten sou mann wéi méiglech Stroum verbrauchen an dofir hu mir eis fir ee finnesche Beléftungssystem entscheet, deen an eisen An net nëmme méi ekologesch ass, mee och manner Gesondheetsrisiken opweist.

***Wéi gëtt äert Haus gehetzt?***

Mir hunn eng Wärmepompel plus eng thermesch Solaranlag, déi och un eis Heizung ugeschloss ass. Praktesch am ganzen Haus si Wandheizungen, sou dass mir mat enger nidddereger Virlaftemperatur (max. 35C am Wanter) kënne schaffen.

Eise Stroumverbrauch läit em di 8'000 kWh, dat ass fir eise gesamten Energieverbrauch am Haus, also souwuel fir d'Hëtzen iwwer d'Wärmepompel, wéi och fir eis restlech Waarmwaasser a natierlech de Stroum am Haus fir ze Kachen, Beliichtung, Wäschen,...

***Notzt Dir och d'Reewaasser?***

Jo, an der Useldenger Gemeng ass dat fir nei Haiser souwisou Flicht. Mir hunn eng 10'000 l Zistern, un déi eis Toiletten, de Garden- an de Garagenkrunn an d'Wäschmaschinn ugeschloss sinn. Mir hunn och doweinst ee ganz nidderege Waasserverbrauch, knapp een Drëttel vum Duerchschnëttsverbrauch vun engem Useldenger. Mir passen awer och gutt op am Alldag kee Waasser ze verbëtzen, dat fänkt scho bei der Erzéiung vun eise Kanner un.

***Wat woren är Beweeg-Grënn fir op dëse Wee ze goen?***

Do ginn et zwou Ursaachen: éischtens d'Gesondheet an zweetens den ekologeschen Impakt.

Mir fannen et traureg, dass an der ganzer Planung vun de neien Haiser oft net u gesondheetlech Aspekter geduecht gëtt. Mir wollten dat anescht maachen, hunn eis an di ganz Thematik erageschafft an eis eege Pläng erstallt. Während dem Bau hu mir och ganz vill selwer gemaacht, wéi z..B. d'Bannewänn, d'Dämmungen, de Sanitär,...

Eise Wonsch wor et ekologesch bis zum Schluss ze denken, et kann een nämlech och een Holz-Passivhaus mat Styropor bauen, wou d'Holz net kann ootmen an de Schimmel net laang wäert op sech waarde loossen.

***Wat ass äre Rot un d'Lieser?***

Informéiert Iech gutt wann Dir dee gréissten Investissement vun ärem Liewe mat! Scheit keng Käschte fir d'Zukunft, well ech menge wann een am Ufank spuert, huet een herno di gréisser Käschten. A maacht Iech Gedanke wat de reellen, ekologeschen Impakt vun ärem neien Haus ass!





## LOU STAUS-MELCHER VUN IEWERLENG

## KLENG SPUER-MOOSSNAMEN DOEN DEM KLIMA OCH GUTT!

*D'Famill Staus passt gutt op am Alldag fir keng Energie ze verbëtzen a sou mann wéi méiglech Ressourcen ze verbrauchen. Dëst fänkt bei hire neie Fënsteren un.*

*Aner kleng Gesten, mat groussem Effekt sinn richtegt Lëften, d'Isolatioun vun hiren Heizungsréier an de konsequente Recycling vun hirem Offall.*

***Dir passt am Alldag op villes op wat dem Klima gutt deet. Fänke mer direkt bei äre neie Fënsteren un. Wat huet Iech dozou gefouert eng 3-fach-Verglasung ze wielen?***

Eis al Fënstere wore vun 1984, wéi d'Haus gebaut gouf. Et huet oft eragezunn a dowéinst hu mir viru 4 Joer eng Energieberodung beim EnergieAtelier ugefrot. Den Energieberoder huet mat der Wärmebildkamera gesinn, dass bei eise Fënstere vill Wiermt verluer gaangen ass. Well mir keng Energie weiderhin wollte verbëtzen, hu mir eis entschloss d'Fënsteren ze wiesselen.

Den Isolatiounswäert vun eisen Aussemaueren ass an der Rei an dowéinst besteet keng Gefor, dass mir Schimmelproblemer mat enger 3-fach Verglasung kréien. An eisem Fall wor de Präis-Ënnerscheed zwëschen 2 a 3-facher Verglasung och net esou grouss. Folglech, hu mir all d'Fënsteren am ganzen Haus ersat. Dëst huet ee klore Plus u Komfort mat sech bruecht: et zitt net méi eran an et héiert ee kee Kaméidi méi vun dobaussen.

***Well äert Haus elo méi dicht ass, muss Dir gutt lëften?***

Genau, eist Haus ass elo méi loftdicht. Dowéinst leeë mir grousse Wäert drop regelméisseg ze lëften: meeschtens zweemol am Dag. **Mir maachen dann ee groussen Duerchzuch am ganzen Haus während 10 Minutte fir dass di ganz Loft ausgetosch ka ginn.**

Eis Schlofzëmmer hëtze mer net, do hu mer meeschtens d'Fënster op Kipp stoen. A no all Dusch gëtt d'Buedzëmmer grouss geläft. Fir déi Zäit dréine mer d'Heizkierper an der Buedzëmmer rof.

***Är Heizungsréier hu Dir nodréiglech isoléiert?***

Richteg, fir Energie ze spueren hu mir 2012 d'Heizungsréier mat Rocktube isoléiert. Dat ass net komplizéiert a kann all Mënsch sëlwer maachen. Wëll eise Masuttsverbrauch schonn déif wor (1700-1800l/Joer) hu mir lo net direkt een Ënnerscheed am Verbrauch gemierkt. Op jiddefall ass den Heizungsraum manner waarm, sou dass d'Hëtzt dann an de Réier bleift.

***Zu gudder lëscht, komme mer nach zum Recycling!***

D'lescht Joer huet d'Useldenger Gemeng hiren Awunner d'Méiglechkeet ginn fir gratis op eng 60L gro Poubelle ze wiesselen. Och eis nei 60L Poubelle ass ganz seele voll, wëll net méi vill iwwereg bleift fir d'gro Poubelle. Mir trennen den Offall sou gutt mer kënnen: Pabéier/Karton, Plastik fir Valorlux, Glas, Gréng- an Heckeschnëtt an de Rescht Plastik a Styropor féiere mir op de SIDEC.

Mir versichen do wou mer kennen eise Beitrag ze leeschten fir eng méi ressource-schounend an energieeffizient Welt.



## GÉRARD ZOLLER VUN DER FAARWE-FABRIK VUN USELDENG

*De Gérard Zoller ass Direkter vun der Faarwefabrik Robin zu Useldeng.*

## "ET GËTT KENG KAVALLERIE, DÉI EIS RETTE KËNNT"

*Nom Motto "Just start doing it", huet de Gérard scho fréi ugefaang Ëmweltschutz a senger Firma op de Leescht ze huelen.*

***Nohaltegkeet am Betrib ass näischt Neits fir Dech, wat hu Dir bei Robin schonn alles ëmgesat?***

Di konventionell Faarwe gi mat Pëtrol a Léisungsmëttel produzéiert. 2002 hunn ech den Ustouss gi fir eng waasserverdënnbar Faarf (Gamme "Robinhyd") ze schafen, déi keng Léisungsmëttel enthält. Heifir si mer 2002 mam Ëmweltpräis vun der FEDIL belount ginn.

2013 si mer mat der Gamme Verdello op de Marché gaangen, déi 100% planzebaséiert ass, also keng Léisungsmëttel, kee Pëtrol a keng Schuedstoffer enthält. Fir d'Verdello Faarf hu mir eisen 2. Ëmweltpräis gewonnen.

Mam Site et Monument hu mir kierzlech de flotte Projet "Terres et Traditions" ëmgesat, an deem mir Mineralfaarwe mat traditionelle Lëtzebuerger Fassaden-Téin entworf hunn.

Bei der ganzer Produktioun, versiche mir sou wäit wéi méiglech regional soss europäesch Rohstoffer ze verschaffe fir eisen ekologesche Fouss-Ofdrock





kleng ze halen. Mir kafe just erneierbare Wandstroum fir eise ganze Site a sinn ee Superdreckskëscht Betrib.

***Robin ass ganz rezent Member beim Beki ginn?***

Genau, d'Iddi vum Beki sprécht mir aus dem Häerz: d'Suen an d'Wäertschätzung an der Regioun behalen, mat eisen eegenen Ressourcen schaffen an zesummen staark sinn. D'Verankerung vu Robin an der Regioun ass mir immens wichteg an dowéinst sinn ech och frou, dass vill vun eise Mataarbechter aus dem direkten Ëmkrees kommen.

***Bestëmmt hu Dir nach interessant Projete lafen?***

Jo, eis feelt et net u Projeten! De Moment si mer mat Baueren am gaang un engem spannende Projet ze schaffe wou Fluess (Flachs) op Quelleschutzgebidder soll ugeplanzt ginn, fir domat eng Ueleg-Faarf ze produzéieren. Wann dat klappt, dann hätte mer de komplette Kreeslaf, vun der Produktioun vu Rohstoffer bis zur Notzung zu Lëtzebuerg!

Donieft fuersche mer nach mat funktionelle Faarwen: Faarwen, déi Stroum leeden a sou d'Rotorblieder vu Wandmillen entäisen oder Faarwen, déi $CO_2$ a Formaldehyden kënnen neutraliséieren.

***Wat war Deng Motivatioun fir Robin an dës nohalteg Richtung zu steiren?***

Dem Rob Hopkins aus der Transitiouns-Beweegung säi Saz

"Et gëtt keng Kavallerie, déi eis rette kënnt"

entsprécht genau mengem Striewen an Handelen. Ech sinn iwwerzeegt dervunner, dass och ee klenge Betrib villes ka beweegen. **All Mënsch, all Betrib, all Gemeng kann eppes beweegen, et muss ee just ufänken!**



## ANNE & PATRICK THOMMES-FRANZISKUS VUN USELDENG

### ENGEM ALEN HAUS NEIT LIEWEN AGEHAUCHT!

*D'Famill Thommes-Franziskus huet virun e puer Joer een alt Haus an der Haaptstrooss zu Useldeng kaf an an Eege-Regie mat ekologesche Materialien renovéiert. Si hu sech sou ee grousst Wëssen iwwer nohalteg Albau-Sanéierung ugëeegent.*

***Dir hutt Iech entscheet al Bausubstanz opzewäerten a net nei ze bauen!***

Eisen Dram war et engem alen Haus neit Liewen anzehauchen a mir si ganz frou mam alen Olingesch-Haus, een Haus mat Geschicht fonnt ze hunn. Mir waren zimlech skeptesch wat nei Haiser ugeet, déi mat Styropor isoléiert sinn. Wee weess, wéi déi di nächst 20 Joer wäerten evoluéieren? Mat engem alen Haus ginn natierlech och manner nei Ressource gebraucht wéi bei engem Neibau.

***Wat hutt Dir alles um Haus geschafft?***

Di al Masuttsheizung ass mat enger Pellet-Chaudière ersat ginn a mir hunn am ganzen Haus Wandheizungen agebaut. Well mir deen ale Parquet wollten erhalen, hu mir keng Buedemheizung agesat. Den Daach hu mir ganz nei gemaach a mat Holzfaserplakken gedämmt.

Mir hunn d'Banne-Mauere bis op de Stee gehae, da mat Kallek riicht gemaach iert mir de Lehm mat der Wandheizung geluecht hunn. Zum Schluss hu mir dann ee Lehmbotz drop gemaach. D'Ausse-Maueren hu mir vu banne mat Holzfaser-Dämmplakken isoléiert.

***Hu Dir selwer mat eng Hand ugepaakt bei den Aarbechten?***

Mir hunn eis an alles erageschaft, sinn Autodidakt souzesoen! Geplangt hu mir selwer, mee fir dass et méiglechst séier geet, hate mir nieft eisem eegenen "Manpower", eis Famill a Frënn agespaant plus e puer Aarbechter, déi eis kräfteg ënner d'Äerm gegraff hunn.

Et leiert een immens vill bäi, wann een et selwer mécht! No bësse manner wéi engem Joer waren d'Aarbechte banne souwäit fäerdeg.

***Si Dir mat allem zefridden?***

Am grousse ganzen si mir zefridde mat eise Pläng an Aarbechten! Well d'Strooss virun eiser Dir dach zimlech vill befuer ass (besonnesch mueres frei), géife mer d 'nächste Kéier Schallschutz-Fënstere wielen.

Vläicht géinge mer och eng Lëftungsanlag an der Kichen abaue fir di fiicht Loft optimal z'évacuéieren. Mee de Lehm mécht schonn eng gutt Aarbecht andeems en sou gutt e kann d'Fiichtegkeet ophëlt.

Äre Rot un d'Lieser vun der Synergie!

- Et lount sech een Albau-Projet unzegoen, mir wieren net esou zefridden an engem neien Haus aus dem Katalog vun iergendengem Promoteur.
- Et ass ëmmer gutt mat ville Leit ze schwätzen, déi och Erfahrungen an der Albau-Renovatioun gesammelt hunn. Den EnergieAtelier huet des Erfahrung, profitéiert wéi mir dervunner!
- Try & Error! Probéiert einfach! Et muss ee kee qualifizéierten Aarbechter si fir alles!

# ENG STONN UM BIO-HAFF KOMMT MAT BEI DE CHARLY OP OSPER!



## WÉINI?
## SAMSCHDES 1. ABRËLL 2017
## VUN 14H30 BIS 15H30

## WOU?
## OSPER

## UMELLEN?
## BIS DEN 30. MÄERZ
um 26 62 08 01 22 oder caroline.schmit@reidener-kanton.lu


## MÉI INFO?
## WWW.KLIMA.LU


**SYNDICAT INTERCOMMUNAL**
**"DE RÉIDENER KANTON"**
Caroline Schmit I Conseillère Pacte Climat
43, Grand-Rue I L-8510 Redange/Attert
T +352 26 62 08 01 22
caroline.schmit@reidener-kanton.lu I www.klima.lu


# QUIZ IWWER D'NATUR: AUS WEEM SENGEM MOND STAMEN DES WIEDER?

ZE GEWANNE GINN ET 2 BICHER
"DAS GEHEIME LEBEN DER BÄUME"
VUM PETER WOHLLEBEN!

**1. "Die Natur: Alles ist immer da in ihr. Vergangenheit und Zukunft kennt sie nicht. Gegenwart ist ihre Ewigkeit."**



N ☐ Johann Wolfgang von Goethe
deutscher Dichter

H ☐ Johann Strauss
österreichischer Komponist

**2. "Alles was gegen die Natur ist, hat auf Dauer keinen Bestand."**



O ☐ Charles de Gaulle
französischer General und Politiker

A ☐ Charles Darwin
britischer Naturforscher

**3. "Einen Lehrer gibt es, wenn wir ihn verstehen - es ist die Natur."**



V ☐ Heinrich Rudolf Hertz
deutscher Physiker

T ☐ Heinrich von Kleist
deutscher Schriftsteller

**4. "Die Natur ist die beste Apotheke"**



U ☐ Sebastian Kneipp
deutscher "Kräuterpfarrer"

M ☐ Sebastian Vettel
deutscher Automobilrennfahrer

**5. "Der Mensch beherrscht die Natur, bevor er gelernt hat, sich selbst zu beherrschen."**



B ☐ Albert Camus
französischer Schriftsteller

R ☐ Albert Schweitzer
deutsch-französischer Arzt

| 1 | 2 | 3 | 4 | 5 |
|---|---|---|---|---|
| | | | | |

Schéckt d'Léisungswuert w.e.g. bis den 31. Abrëll op caroline.schmit@reidener-kanton.lu oder op Energie-Atelier, 43 Grand-Rue L-8510 Réiden.

**Gewënner vum leschte Concours**

D'Léisungswuert vum Quiz aus der leschter Synergie (N°39) ass **"Goen ass gesond".** 54 vun Iech hunn dat richtegt Léisungswuert erageschéckt, mee leider konnte nëmmen zwou Persounen gewannen: **Anja Blum** vun Huewel an **Luc Scholtes** vu Brouch. Si gewannen allen zwee een Schrëtt-Zieler! Mir wënschen hinnen vill flott Spazéiergäng mam Schrëtt-Zieler!



# FILM-OWEND

# DEMAIN

Am Kader vum Klimapakt invitéieren Iech CELL an de Réidener Energiatelier op d'Virféierung vum Film "demain".

**Freideg, den 10. Mäerz 2017**
um 19h00
Atert Lycée Réiden
1, rue du Lycée
L-8508 Redange

**Reservéiert Är GRATIS Plazen**
**T 26 62 08 01**
**info@ksm.lu**

Den Owend start mat der Opféierung vum Film géint 19h00, dee ronn 2 Stonnen dauert. Nom Film diskutéiere mir zesummen mat e puer "local heroes", Akteuren also, déi am Sënn vum Film elo schonns aktif un der Gestaltung vun enger méi "zukunftsfäheger" Géigewart schaffen.

Profitéiert also vun dëser flotter Geleegenheet fir ee fantastësche Film ze gesinn, deen internatioinal Renommé genéisst an tauscht Iech aus mat ganz einfachen mee interessante Mënschen aus Ärem Entourage.

## Info zum Film

De Cyril Dion, d'Mélanie Laurent an hir Equipe siche no Äntwerten a Léisungen op déi aktuell ekologesch, ekonomesch a sozial Krisen. Während hirer Rees duerch 10 verschidde Länner begéinen sie ville neien Akteuren an Initiativen déi an de Beräicher Landwirtschaft, Energie, Wirtschaft, Demokratie an Educatioun hiere Bäitrag leeschten fir eng Welt vu muer... Demain huet 2016 den César vum beschten Dokumentaire erhalen.

Kommt Iech en ukucken!
118min - franséisch
www.demain-lefilm.com

**SYNDICAT INTERCOMMUNAL "DE RÉIDENER KANTON"**
Caroline Schmit I Conseillère Pacte Climat
43, Grand-Rue I L-8510 Redange/Attert
T +352 26 62 08 01 22
caroline.schmit@reidener-kanton.lu I www.klima.lu

GEWÄSSERVERTRAG ATTERT I CONTRAT DE RIVIÈRE ATTERT

# OPRUFF GAARDEVETERAN

## GEMEINSCHAFTLECHE GEMÉISGAART AM KOLPECHER SCHLASSPARK

Kënnt Dir Iech gutt aus am Gaart?
Hu Dir Loscht Äert Wësse weider ze ginn?
Wëllt Dir Persounen ouni Erfahrung hëllefe Geméis an Uebst no ekologesche Kriterien unzebauen?
Da maacht mat am Kolpecher Gemeinschaftsgaart!

**Wee siche mir?**

Mir sichen no Persoune mat Erfahrung am Geméisgaart, déi interesséiert sinn als "Gaardeveteran" matzemaachen.

**Iddi vum Projet?**

D'Kooperativ vun der Atert stellt eis ee Feld nieft dem Geméis-Gaart am Schlasspark zur Verfügung. Hei soll Geméis an Uebst ugeplanzt ginn an ouni Pestiziden gezillt gin. D'Veterane ginn de d'Gaarden-Junioren di néideg Hëllefstellung a richteg Rotschléi fir dass se eens ginn am Gaart. D'Gaarden-Junioren si Persounen, déi wëllen Erfahrung am Gaart sammelen an déi eng Parzell am Gemeinschaftsgaart lounen.

Zesumme soll e flotte Gemeinschaftsgaart entstoen, wou net nëmmen d'Planze wuessen, mä och nei Frëndschaften.

**Wéi oft treffe mir eis?**

Treffpunkt soll an der Saison 1 mol d'Woch (zB. während 2-3 Stonnen de Weekend) am Gaart sinn. Jiddereen (Junior a Veteran) kritt seng Parzell a kann déi no Loscht, Laun an Zäit beaarbechten, och ausserhalb vum Treffpunkt.

**Ween organiséiert?**

Dësen intergenerationelle Projet gëtt zesumme mam Club Senior Atertdall, der Kooperativ Vun der Atert, dem Waasserhaus an dem Syndikat vum Réidener Kanton organiséiert.


**Méi Info? / Plus d'infos?**

Club Atertdall
T 27 55 33 70
club-atertdall@croix-rouge.lu

Caroline Schmit
T 26 62 08 01 22
caroline.schmit@reidener-kanton.lu

Pierre Jaaques
Maison de l'eau
T 26 62 08 08
maison.eau@attert.com





# RECHERCHE VÉTÉRANS JARDINIERS MOTIVÉS

## Jardin communautaire au Parc de Colpach

Vous disposez de bonnes connaissances au potager?
Vous avez envie de transmettre votre savoir?
Vous voulez conseiller des personnes sans expérience à planter des légumes et fruits suivant des critères écologiques?
Alors rejoignez-nous au jardin communautaire de Colpach!



**Qui cherchons-nous?**

Nous cherchons des personnes avec expérience dans le potager, intéressées à devenir "Vétéran" dans notre jardin communautaire.

**Idée du projet**

La Coopérative "Vun der Atert" nous met à disposition un emplacement à côté du jardin potager dans le Parc de Colpach. Nous souhaitons y planter des fruits et légumes qui seront cultivés sans pesticides. Le rôle du Vétéran est de conseiller et guider les Juniors qui souhaitent apprendre à cultiver un potager et qui louent une parcelle. Idéalement, les Vétérans cultivent aussi leur propre petite parcelle.

Ensemble nous souhaitons créer un jardin communautaire convivial, dans lequel non seulement jaillissent les plantes, mais également de nouvelles rencontres et amitiés.

**Rencontres hebdomadaires**

Pendant la saison, nous nous rencontrons une fois par semaine dans le jardin à Colpach (p.ex. pendant 2-3 heures le weekend). Chaque participant (Junior et Vétéran) reçoit une parcelle qu'il cultive selon l'envie et la disponibilité, également en dehors des rencontres.

**Organisateurs**

Ce projet intergénérationnel est organisé conjointement avec le Club Senior Aterdall, la Coopérative Vun der Atert, la Maison de l'Eau et le Syndicat Intercommunal du Canton de Redange.

# AKTIVITÉITE VUM WAASSERHAUS

## MÄERZ & ABRËLL 2017

Zanter 1993 hunn d'Vereenten Natiounen den 22. Mäerz zum Weltwaasserdag deklaréiert. Op dësem Dag sti weltwäit eng séllechen Aktivitéiten a Manifestatioune ronderëm d'Thema Waasser am Mëttelpunkt.

Am Kader vum Weltwaasserdag a vun der Campagne "Ouni Pestiziden" invitéiert Iech d'Flosspartnerschaft Atert op folgend Aktivitéiten:

***Activités de la Maison de l'Eau mars & avril 2017***

*Depuis 1993, les Nations Unies proclament le 22 mars comme journée mondiale de l'eau. Ce jour-là, l'eau est particulièrement au centre de diverses activités et manifestations à travers le globe.*

*C'est dans ce cadre ainsi que celui de la campagne sans pesticides que le contrat de rivière Attert vous invite à nouveau à participer aux activités suivantes:*

25 mars 2017

### Apéro chantier Eau de pluie avec le Réidener Energieatelier asbl

**11h-12h**
**Reichlange**
5, rue de Saeul à
(chemin parallèle à la N12)



Nos ressources en eaux sont précieuses. Récupérer l'eau de pluie pour une utilisation domestique est une démarche responsable aussi bien écologiquement qu'économiquement. L'eau de pluie récupérée peut avoir des utilisations diverses dans et autour de la maison: WC, lave-linge, jardin, nettoyage etc...

La mise en place d'une citerne de récupération se fait évidemment le plus facilement dès la conception d'une nouvelle habitation mais des systèmes simples existent pour un ajout ultérieur.

Afin de répondre à vos nombreuses questions à ce sujet, la Maison de l'Eau de l'Attert asbl organise ensemble avec le Reidener Energie Atelier asbl une visite d'une installation de récupération d'eau de pluie chez un particulier. Après la visite, nous nous occuperons de vous servir un petit apéritif.



25. März 2017

## Von der Gässmühle bis zur Bissener Mühle Eine Wanderung entlang der Attert

Geführte Wanderung (+/- 2 km) entlang der Attert zwischen Colmar-Berg und Bissen. Eine Entdeckungsreise mit verschiedenen Stationen an denen Sie interessante Erklärungen und kuriose Einblicke in die frühere Wassernutzung erhalten. Lassen Sie sich überraschen!

**9:30-12 Uhr**
Parking Geessemillen (gegenüber der GoodYear) auf der Route de Colmar in Colmar-Berg.

**Sprache:** luxemburgisch

**Reservierung:** obligatorisch Anmeldung bei der Gemeindeverwaltung von Colmar-Berg bis zum 23. März.
T 83 55 43 221
info@colmar-berg.lu

**Info:** Bitte wettergemäss anziehen. Stiefel sind auch bei trockenem Wetter anzuraten! Strecke verläuft teilweise querfeldein.

**Organisator:** Umweltkommission der Gemeinden Colmar-Berg und Bissen, Maison de l'Eau de l'Attert asbl

17. April 2017

## Wildkrautgenuss im April

Lernen Sie einige "junge Wilde" des Frühlings und ihre Verwendungsmöglichkeiten in der Küche kennen. Die gesammelten Zutaten werden zu einer leckeren Vorspeise verarbeitet.

**Bitte mitbringen:** Sammelkörbchen, Schneidbrett, Messer, wetterfeste Kleidung.

**Max. Teilnehmerzahl:** 20. Kosten: 10 €
Kinder bis 12 J. gratis

**9:30 bis ca. 14 Uhr**
Kulturzentrum "op der Fabrik"

**Anmeldung:**
erforderlich bis zum 13. April
T 266 299 40
jruppert@preizerdaul.lu





### Mir plënneren mat

Den 1. März, plënnert d'Waasserhaus gemeinsam mam Energiatelier an dem Kimateam vum Réidener Kanton an een neie Büro e puer Meter erof an d'Réidener Groussgass. Mir wärten esou méi Kompetenzen an engem Zentrum regroupéieren an eng méi sichtbar an flott Berodungsstell gin.

Kommt eis roueg besichen.

**Nei Adress**
Maison de l'Eau
de l'Attert asbl
43, Grand-Rue
L-8510 Redange



**MAISON DE L'EAU DE L'ATTERT a.s.b.l.**
43, Grand-Rue
L-8510 Redange
T +352 26 62 08 08
maison.eau@attert.com
www.attert.com

# OUSCHTEREN AM PRÉIZERDAUL





## Karfreidig, 14. Abräll

12h00 **Gebakene Fësch**
Réservéiert w.e.g um 691 65 49 47
Org.: Pompjeeën Préizerdaul

## Ouschtersamschdig, 15. Abräll

19h00 **Vernissage**
**Trial Show** by Trial Club Warken

21h00 **Ouschterbal am Zelt**
mam DJ Dee, Diamonds Crew, Dani Gold, DJ DnB
Happy Hour 21h-22h & Grill Chez Mani
Org.: Club des Jeunes Préizerdaul

## Ouschtersonndig, 16. Abräll

10h-18h **Ouschterausstellung "Motorrieder Fréier an Haut"**
**Ouschtergalerie mat de Biller vum Théa Peschon a Keramikaarbechten vum Lex Muller**
**Trial Show**
**Bichermaart**
Org.: ONG Komm hëllef mat!

20h **Ouschterrock - Rhythm Band Reloaded**
Org.: Club des Jeunes Préizerdaul & Spiller FCPR

## Ouschterméindig, 17. Abräll

9h30 **Ouschtereeër verdeelen** op der Haaptstrooss

9h30-14h **Kraiderwanderung "Wildkrautgenuss im April"**
10 € - Kanner bis 12 Joer gratis
Treffpunkt: Op der Fabrik.
Umellen um T 266 299 40 oder jruppert@preizerdaul.lu

10h **Groussen Hobby, Blummen a Kënschtlermaart**

10h-18h **Ouschterausstellung "Motorrieder Fréier an Haut"**
**Ouschtergalerie**
**Bichermaart**

13h00 **Start Kanneranimatioun**

Am Ouschterzelt:

12h-13h **Philharmonie Préizerdaul**

13h15-14h15 **Harmonie Royale Aurore Thiaumont** (B)

14h45-16h45 **Gehaansbléiser Diddeleng**

17h15-19h30 **Moselle Valley Brass Band**



# Danzatelier


Miranda Welter

Raum fir Danz a Lieweskonscht

Begleitung beim körper-kreativen Erforschen und Dekodieren von Beschwerden – Professionnelle Mediation Persönliches Coaching – Tanz in Kursen & Performance

Schmerzen – Depression – Trauer – Ängste – Müdigkeit Abhängigkeiten – Sehstörungen – Energiemangel – Stress Frust – Krisen in Beziehungen privat und beruflich

**ACCOMPAGNEMENT PSYCHO-CORPOREL CRÉATIF – VISIOTHÉRAPIE COACHING – MÉDIATION PROFESSIONNELLE – DANSE & SPECTACLE**



5, Sëllerstrooss • L-8541 Kapweiler
Tel.: 23 63 80 66 • GSM: 691 638 066
info@danzatelier.lu • www.danzatelier.lu

GESONDBAUEN.lu

# Nerden & Fils sàrl

Entreprise de construction

Beckerich Tél. 23 62 14 93 www.gesondbauen.lu

Habitations I Bâtiments commerciaux I Façades
Transformations I Aménagements extérieurs
Enduits traditionnels & argiles I Isolations écologiques
Chapes & Carrelages I Promotions immobilières

Energie fir d'Zukunft

ClimEEC ECO • EXPERT • CLUSTER

# Like Life Share Blood

1 don de sang peut sauver jusqu'à 3 vies.

**DONNEZ DU SANG**

1 Blutspende kann bis zu 3 Leben retten.

**SPENDEN SIE BLUT**

1 blood donation can save up to 3 lifes.

**DONATE BLOOD**

1 BLUTTSPEND KA BIS ZU 3 LIEWE RETTEN

**SPEND BLUTT**

✆ 27 55-4000

www.facebook.com/crlux

croix-rouge luxembourgeoise

Mënschen hëllefen

www.croix-rouge.lu



Variet+ © Sephan Masur

Kahn Trio © Giora Khen

ATZE © Jörg Metzner

En Tiger am Rousegaertchen © Bohumil Kostohryz

# CUBE 521 VIELFÄLTIG, BEWEGEND & SPANNEND!



Pascal Schumacher © Illen Weiss

Theaterbegeisterte dürfen sich am 2. März auf die geistreiche Gesellschaftskomödie **"Kunst"**, mit intelligenten Dialogen, von der vielprämierten Bestseller-Autorin (Prix Molière) Yasmina Reza und einem Staraufgebot mit in den Hauptrollen: Leonard Lansink, Luc Feit und Heinrich Schafmeister freuen.

Der Vibraphonist Pascal Schumacher gehört zu den profiliertesten Instrumentalisten seiner Generation. Am 10. März ist er mit seinem Projekt **"Left Tokyo Right"** zu Gast und weiß in seinen Kompositionen als auch in seinen Improvisationen bewegende Melodien zu entfalten.

Am 24.März liefert die Farce **"En Tiger Am Rousegäertchen"** eine Auseinandersetzung mit der Übernahme von der Arcelor durch Mittal. In einer Besetzung mit bekannten luxemburgischen Schauspielern bietet das Stück "eine gute und unterhaltsame Gelegenheit, seine Erinnerungen an diese Zeit mit einer etwas anderen Sicht zu konfrontieren. (...) und stellt letztendlich die richtigen Fragen. (...) und das Beste: Es liefert keine vorverdauten Antworten." L.W. V.Andonovic.

Gedanken, Erinnerungen und ergreifende Poesie treffen beim literarischen Erinnerungskonzert **"Erënneren fir ze verhënneren"** am 25. März mit dem Kahn Trio aufeinander. Die luxemburgische Schauspielerin Sarah Grunert rezitiert Texte von Erich Mühsam, Hans M. Enzensberger und Hugo Heumann.

Betsy Dentzer erzählt am 28. März spannende, witzige und traurige Geschichten für Klein und Groß aus allen Ecken der Welt und das Atze Musiktheater begeistert mit dem Gutelaune-Musical **"Eine Woche voller SAMStage"** für Familien und Schulen vom 2. bis zum 5. April.

Ein humorvolles, buntes Varietéspektakel mit bester Unterhaltung präsentiert Stephan Masur am 7. April mit sieben hochkarätigen, internationalen Zirkusartisten. Lassen Sie sich bezaubern mit Clownerie, Artistik, Witz und Poesie!

10 ans de culture au cube


Informationen, Karten und das ganze Spielzeitprogramm finden Sie unter

**www.cube521.lu**

**T + 352 521 521**

**CUBE 521** | 1-3 Driicht | L-9764 Marnach | Luxembourg
info@cube521.lu | T +352 521 521


RIDO
SARL
Christiane
Ridoen
Storen
Raffrollos
Lambrequin
etc...
Telefonesche
Rendez-Vous
Och Owes a
Samschdes Moies.
30 Joër Erfahrung
Gratis Devis
Schneider Christiane
6, Batzent - L-8551 Näerden
: 23 620 847 - : 26 620 502
info@rido-christiane.lu
www.rido-christiane.lu
Berodung doheem - Konfektioun op d'Mooss


*Offre spéciale dans la mesure des stocks disponibles!
Poêle à pellets
Rika MEMO
2.450 €*TVAC*
RIKA
Cheminées • Poêles à bois et à pellets • Ramonage • Tubage
Walux
Bioenergy
5b Arelerstrooss - L-8523 Beckerich
Tél: +352 26 62 14 08 - Mobil: +352 621 27 85 16
walux@pt.lu
www.walux.lu
Energie fir d'Zukunft
ClimEEC


NERDEN
CONSTRUCTIONS
NC
www.nerdenc.lu
Tél.: 26 62 12-58
Constructions • Chapes • Carrelages
Facades • Plafonnages


À DÉCOUVRIR
LE CHÂTEAU D'USELDANGE
CIRCUIT DIDACTIQUE
ACCESSIBLE AUX PERSONNES HANDICAPÉES DE LA VUE.
PROJET-PILOTE DE L'UNESCO.
HEURES D'OUVERTURE: 8H30-19H00
RÉSERVATION: OBLIGATOIRE POUR VISITES GUIDÉES
(3 SEMAINES À L'AVANCE)
PARTICIPANTS: MAX. 15 PRS / GROUPE
PRIX: ACCÈS GRATUIT - VISITE GUIDÉE: 50 € PAR GROUPE
CONTACT: TOM.LEHNERT@USELDENG.LU
TÉL.: 00352 23 63 00 51-26
BUERG USELDENG

# AGENDA

## MÄERZ

## Opruff!

Den Danzatelier sicht fir direkt Leit, déi sech gäre bewegen, molen a schreiwen, fir e grousse Performance Projet "The Luxembourg City Dance", 3rd Edition, vum 1.-29. Abrël 2017.
Intresséiert?
Kontaktéiert d'Miranda Welter op info@danzatelier.lu oder via T 691 63 80 66

## 3.3

18h-1h
Préizerdaul - Bistro

### ChillOut am Préizerdaul

Org.: Syndicat d'Initiative Préizerdaul

## 4.3

14h30
Préizerdaul/Remmereg
Gemeinschaftsgaart TERRA

### Schnittlehrgang

D'Fréijoer steet virun der Dier a mat him eng hellewull Aarbecht a Gaart a Bongert. Den Här Remy Bintener vun der Liga CTF weist eis wéi Kräischelsstäck a villes méi richteg geschnidde gin.

Org. Terra Préizerdaul
terra.preizerdaul@gmail.com
T +352 691 629 060

MAILT EIS ÄR MANIFESTATIOUNEN

(Mee bis August 2016)
fir de gratis Agenda eran
op info@artandwise.lu.

Art&Wise hëlt sech d'Recht eng Préselectioun ze maachen op Basis vun der Plaz déi iwwreg bleift.

## Àpd 6.3

Moulin de Beckerich
Salle Millenatelier

### Ateliers déco-relooking de meubles et d'objets

Avec Betty Bourgeois
le lundi soir de 18h30 à 21h30 et/ou
le mardi matin de 9h à 12h
du 6 mars 2017 jusqu'au 4 avril 2017 (pas de cours pendant les vacances scolaires)
Prix des cours: 35 € par cours de 3 h (matériel compris)

Inscriptions et infos: B. Bourgeois
T +352 621/243473 - bourgeoi@pt.lu
I. Bernard / d'Millen asbl: T +352 691 510 372
info@dmillen.lu - www.dmillen.lu

## 9.3

20h
Moulin de Beckerich - Salle Scheier
Jeudi au moulin

### Pabeiers Helden - D'Bande dessinée, eng Konschtform?

Avec Marc Angel
Entrée libre et gratuite
Conférence en luxembourgeois

Infos: I. Bernard - T +352 691 510 372
info@dmillen.lu - www.dmillen.lu
Org.: d'Millen asbl

## 11.03

14h
Jeudi au moulin 2ème partie

### Visite guidée du Musée Hergé à Louvain-La-Neuve

Prix: 25 €/personne
(entrée, visite guidée et trajet en bus)

Inscription obligatoire pour le 9.3:
I. Bernard - T +352 691 510 372
info@dmillen.lu - www.dmillen.lu

Org.: d'Millen asbl

## 11.3

20h
Ielwen – Centre Culturel

### Galaconcert Da Capo

Zesumme mat der BAND "Rude Ways" & friends am Kader vum 111 Anniversaire!

Entrée: 5 / 10 €

Réservatioun: T 691 63 91 79

Org.: D'Schweecherdauler Musik



## 11.3 au 2.4

Moulin de Beckerich - Millegalerie

### Exposition "Alliance de formes" Damien Lotin

Bijoux, masques, luminaires.

Exposition accessible du mardi au jeudi de 16h30 à 20h30 et du vendredi au dimanche de 14h à 20h30.

Les bijoux de Damien Lotin sont le fruit d'un long travail de recherche qui vise l'harmonie des formes. Les pierres précieuses côtoient les métaux pour des pièces uniques et authentiques. Depuis peu, l'artiste crée des masques et des luminaires dans le même esprit. A découvrir!

## 17.3

Préizerdaul - Fabrik

### Daulrausch Après-Ski Party mam DJ Dee, warm-up DJ Nasi-Goreng

Virverkaf: 5 €

Org.: BBC Préizerdaul



## 17-19.03

14h-17h
Beckericher Mühle

### Exposition des internationalen Stick-Wettbewerbs "Tischlein, deck dich!" der Beckericher Mühle

Dabei werden über 70 handgefertigte Tischläufer aus verschiedenen Ländern mit afghanischer und europäischer Sticktechnik gezeigt.

Eine Initiative der Deutsch-Afghanischen-Initiative - www.guldusi.com

Vernissage: 16.03 um 19 Uhr mit einem Vortrag von Pascale Goldenberg: Frauen und Mädchen sticken in Afghanistan - ein transkulturelles Kunstprojekt" (D)

Für die Vernissage ist eine Anmeldung erforderlich:
info@dmillen.lu - T +352 691 510 372

Informationen: www.dmillen.lu

## 19.03

14h-18h
Moulin de Beckerich - Millenatelier

### Artiste joaillier au travail

Dans le cadre des expo évènements, un espace de travail sera recréé afin de vous faire découvrir l'univers de Damien Lotin, artiste joaillier. Il sera présent pour travailler sur une création en cours, partager sa passion, expliquer sa démarche et répondre aux questions du public.

## 21.3

20h

### "Koppeges a Bosseges, e Schoulmeeschter erzielt"

Eng Liesung mam Henri Losch
an Judith Lecuit (Cello)

A l'école d'Oberpallen
28, Kierchewee - L- 8552 Uewerpallen

Inscription obligatoire pour le 17.3:
I. Bernard/d'Millen asbl - T +352 691 510 372
info@dmillen.lu - www.dmillen.lu

Entrée gratuite

Org.: d'Millen asbl

## 24.3

Randschelt - Kierch

### Konzert André Mergenthaler, zesumme mam Aude Miller

Org.: Kiwanis-Club an d'Wahler Aktiounsschmëtt

Info & Ticketen: wahl.lu



## 25.3

20h
Biekerecher Millen - Sall Scheier

### Onse Fuendel héich ze halen - oder - Soulaang wéi mer falen, si mer net ënnen

Mam Pierre Puth - begleet vum Paul Dahm

Entrée: 18 € (Liesung & Concert)

De Virtrag gëtt op Lëtzebuergesch gehalen.

Eng Umeldung ass erfuerdert: d'Millen asbl
T +325 691 510 372 - info@millen.lu
www.dmillen.lu

## 26.3

18h30
Randschelt - Thillenvogtei

### Sascha Ley, zesumme mam Laurent Payfert

Org.: Kiwanis-Club an d'Wahler Aktiounsschmëtt

Info & Ticketen: wahl.lu

## 29 & 30.3

9h-16h
Moulin de Beckerich
(Salle Millenatelier)

### Stage de vannerie: Réalisation d'une hotte en osier

Avec Françoise Marion

Prix: 135 €/personne
(tout le matériel est fourni sur place)

Inscription obligatoire pour le 25.3:
Françoise Marion: T +32 478 500 204
francoise@vandouest.com
I. Bernard / d'Millen asbl
T +352 691 510 372
info@dmillen.lu - www.dmillen.lu

Org.: d'Millen asbl



## 29.3

20h
Beckericher Mühle

### BIG FIVE meets BIG BEACH

Eine Reise durch Tansania und auf die Insel Sansibar mit Christian Schmit (L)

Eintritt frei.

Der Vortrag wird auf Luxemburgisch gehalten.

Eine Anmeldung ist erforderlich:
I. Bernard/d'Millen asbl
T +352 691 510 372
info@dmillen.lu - www.dmillen.lu

# ABRELL

## 1.4

11h-18h
Grosbous - Site Turnhal

### Familljenfest fir Grouss an Kléng mat Aktivitéiten, Atelieren, Spiller, Iessen ...

Den Erléis vun desem Event geet komplett un Schoul fir den néien Schoulhaf.

Org.: Elterevereenegung Groussbus-Dellen mat der Schoul an der Jeunesse Grousbous

## 8.4

10h-17h
Redange - Op der Schock

### Ouschterverkaf

34A, route de Reichlange
L-8508 Redange/Attert
T 26 62 93-1
info@ods.lu
www.ods.lu

## Start 11.04

20h-21h30
Redingen - Sporthalle (kleiner Saal)

### Aktive Meditation: von der Bewegung in die Stille

Raum für Stille entsteht, wenn die im Dunkeln lärmenden Gedanken und Emotionen in der Bewegung Raum zum Ausdruck bekommen. Ballast abschütteln am Ende des Tages.

Jeden Dienstag Abend von April-Juni.

Kosten: 60 € (11 Kurse)

Meditationsleiterin: Patrice Verscheure

Anmeldung: T 26 62 08 31
pverscheure@hotmail.com

## 13.4

20h
Moulin de Beckerich - Salle Scheier
Jeudi au moulin

### Les légumes oubliés et les légumes anciens

Avec Francis Scholtès

Entrée libre et gratuite - Conférence en français

Infos: I. Bernard - T +352 691 510 372
info@dmillen.lu - www.dmillen.lu
Org.: d'Millen asbl

## 14-17.4

Préizerdaul - Fabrik (Sportshal)

### Ouschteren am Préizerdaul

www.preizerdaul.lu

## Àpd 24.4

Moulin de Beckerich

### Six cours de calligraphie classique et/ou contemporaine

Avec S. Alfonsi

Le lundi matin de 9h à 12h tous les 15 jours à partir du 24 avril 2017 - Dans le Millenatelier - Pas de prérequis

Prix: 140 €/personne pour les 6 cours

Info et Inscription obligatoire pour le 21.4:
I. Bernard - T +352 691 510 372
info@dmillen.lu - www.dmillen.lu

Org. d'Millen asbl

## 29.4

Préizerdaul - Bistro Parking

### MTB Course vir 6-13 Jähriger

Org.: VV Tooltime


Aktioun
Coupe Mupp
10% am Dogsitter Muppesalon *
* Gülteg vun 1.3 - 31.05.2017 an 1x pro Mupp
Dogsitter.lu
Dogsitting
Beauty
Walking
dogsitter.lu
Jeannine Gossen
4, rue Kalkstecker
L-8614 Reimberg
info@dogsitter.lu
T 621 14 94 73
facebook


STOFF & WOLLBUTTEK
KREATIVITÉIT UM LAAFENDE METER
D'FRÉIJOERSKOLLEKTIOUN AS DO!
PROZENTER OP RESCHTER STOFF
67 GRAND-RUE • L-8510 REDANGE/ATTERT
T (+352) 26 88 08 69 • INFO@WOLLBUTTEK-GINETTE.LU
Méindes: 13h30-18h ı Dënschdes-Freides: 8h30-12h & 13h30-18h ı Samschdes: 8h30-12h


DEPUIS 1999
CHARPENTE - COUVERTURE - FERBLANTERIE
INTER TOITURE
CONSTRUCTION • AGRANDISSEMENT • RÉNOVATION
CHARPENTE • COUVERTURE • FERBLANTERIE • ZINGUERIE • BARDAGE • MAISON EN BOIS
Zone d'activité Solupla Redange • Tél.: 26 88 00 90 • intertoiture@pt.lu • www.intertoiture.lu

Notre passion vous va si bien!
passion'elle

Passion'elle Pall Center - OBERPALLEN
T 26 62 09 93 - www.passionelle.lu

Find us on facebook

**Passion'elle Uewerpallen.**
**Eis Passioun steet lech gutt!**

Mir sinn net nëmmen e Geschäft datt Bijouen en Auere verkeeft fir Fraen a Männer, mir leeën och Wäert op Top Service duerch eis qualifizéiert Bijoutiéen an Auermecher.


**Nei:** Mir flécken elo och ären Handy, PC, Tablett oder Laptop. Och bei Waasserschued.

- Batterie/Bändche wiessele vun ärer Auer, Reparaturen
- Verschloss wiesselen / Léidaarbechten (Sëlwer + Gold)
- Perséinlech Gravuren
- Ersetzen an Afaasse vun Edelsteng
- Ouerlächer stiechen
- Reparature vu Pärelsketten a Braceleten
- Reng vergréisseren oder verklengeren
- Botzen, Poléieren, Rodéieren

**Eis Marken:** Swarovski, Pandora, Thomas Sabo, Ice Watch, Fossil, Emporio Armani, Coeur de Lion, Police, Guess, Calvin Klein, Uno de 50, Michael Kors

# Ze gewannen 10 Kaddosbongen am Wäert vu 50 €!

GRAVUREN
OUERLÄCHER
LÉIDAARBECHTEN
PÄRELSKETTEN
OBERPALLEN
BOTZEN
POLÉIEREN
RODÉIEREN
BIJOUTIEEN
AUERMECHER



Le principe est simple: placez dans la grille chacun des mots repris dans la liste et découvrez le mot mystère. Quelques lettres sont déjà placées pour vous aider. Complétez le bon de participation en n'oubliant pas d'indiquer le mot mystère ainsi que vos coordonnées.Renvoyez le coupon de participation avant le **31 mars 2017** par courrier ou par fax 23 62 43-29. Les gagnants seront désignés par tirage au sort parmi les bonnes réponses reçues et sera avertis par courrier. Le résultat sera publié dans l'édition d'avril.

# RESULTAT

VUM MOT MYSTÈRE AUS DEM SYNERGIE 39

**Poos Linda** - Everlange

**Piron Sandy** - Grosbous

gewannen
**2 Bonge fir jeweils**
**65 Tute Pellets**



CENTRAL FUEL TRANSPORTS s.à r.l.
20, Grottestrooss L-8720 Rippweiler

## MOT MYSTÈRE - COUPON-RÉPONSE

| | | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | | S | | | | | | L | | |

Nom & Prénom

Rue & numéro

Localité

Email

Tél.

**SYNERGIE**
p/a Art & Wise s.à r.l.
6, Jos Seylerstrooss
L-8522 Beckerich

passion'elle

SYNERGIE



Mir sichen zouverlässeg a kompetent Mataarbechter, déi sech an engem klenge Kader wuelfillen.

## › 1 qualifizéierten an diploméierten Comptable/Fiscaliste

{ m/w - Vollzäitbeschäftegung }

## › 1 qualifizéierten an diploméierten Comptable

Mir hunn de Privileg eng laangjäreg gutt Clientèle ze hunn a mir schaffen an enger flotter Atmosphär direkt um Land. Bei eis steet de Mënsch am Mëttelpunkt vun eisen Iwwerleeungen, mir engagéieren eis fir eng gutt a respektvoll Zesummenaarbecht a suergen fir eng bestänneg Weiderbildung fir d'Qualitéit vun eiser Aarbecht héich ze halen.

Duerfir brauche mir Mënschen, déi mat Häerz a Séil derbäi sinn, déi sech engagéieren, selbstänneg sinn an den Ëmgang mam Client gären hunn.

### ÄRE PROFIL KANN EWÉI HEI BESCHRIWWEN AUSGESINN:

*Dir*

- schafft zënter e puer Joer an enger lëtzebuerger Fiduciaire
- kennt déi lëtzebuerger Steiergesetzgebung an déi national an europäesch TVA
- sidd gutt iwwert Gesellschaftsrecht informéiert a gewinnt dran ze schaffen
- hutt eng gutt Logik an eng gutt Portioun Virwëtz an der Analyse
- huelt gären Initiativen a scheit Iech nit Är Meenung ze soen
- beherrscht déi gängeg Comptabilitéitsprogrammen esou ewéi Excel, Word, asw.
- schwätzt Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch

Dann zéckt nit a léiert eis kennen, schéckt ons Äre komplette Liewenslaf mat enger Foto vun Iech, mir freeën eis a behandelen Är Daten mat Diskretioun. Wann Dir Froen hutt oder eis einfach wëllt besiche kommen, da kennt Dir gären e Rendez-vous mat der Madame Bernard Brigitte ofmaachen.


**Fiduciaire interrégionale** s.a.
fiduciaire comptable

**t** + 352 23 62 33-1 • **f** + 352 23 62 33-29
fiin@pt.lu • fiduciaire-interregionale.lu

14, Haaptstrooss • L-8720 Rippweiler





